

Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Romain Schneider), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner (par M. Roger Negri) et Mme Vera Spautz;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen (par M. Charles Goerens), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helming (par M. Anne Brasseur), Alexandre Krieps (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen (par M. Jacques-Yves Henckes) et Jacques-Yves Henckes.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Domadder ass dat esou decidéiert.

Als nächste Punkt vun eisem Ordre du jour hu mer de Projet de loi 5830 iwwert d'Aide sociale. Et si schonn ageschriwwen: den Här Schaaf, d'Madame Flesch, d'Madame Spautz, d'Madame Loschetter, den Här Mehlen an den Här Klein. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, déi honorabel Madame Sylvie Andrich-Duval. Madame Andrich-Duval, Dir hutt d'Wuert.

9. 5830 - Projet de loi organisant l'aide sociale

Rapport de la Commission de la Famille, de l'Égalité des chances et de la Jeunesse

»»» **Mme Sylvie Andrich-Duval** (CSV), *rapporteuse*.- Haut schreiwe mer, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, e Stéck Sozialgeschicht hei zu Lëtzebuerg. Eng net méi un déi heiteg Zäiten ugepasste Gesetzgebung aus dem 19. Jorhonnert gëtt ausser Kraaft gesat. Et handelt sech méi speziell ëm déi kinneklech-groussherzoglech Bestëmmung, en Arrêté vum 11. Dezember 1846, deen d'Reorganisatioun an d'Reglementatioun vun de Wueltätegkeetsbüroen virhëlt, an ëm d'Gesetz vum 28. Mee 1897 iwwert de sougenannten Domicile de secours. Et gëtt héich Zäit, ob-schonn de Législateur dat schonn 1938 ouni Succès probéiert hat, dass eis Gesetzgebung un d'Realitéten vun haut ugepasst gëtt, wéi dat schonn an eisen Nopeschlänner de Fall ass, an dass och elo zu Lëtzebuerg en elementaart Recht op Sozialhëllef agefouert gëtt.

Ëmsou méi dréngend ass et, well mer am Moment duerch eng schlëmm Finanz- a Wirtschaftskris ginn, wéi mer se an deene leschten 30 Joer net méi kannt hunn. An esou enger Phas, déi nach eng Zäitche wäert daueren, komme vill méi Leit, déi duerch d'Ëmstänn vun dëser Kris nach méi fragiliséiert ginn, a schlecht Dicher a wäerten op Sozialhëllef ugewise sinn.

Fir friddlech virun zesummenzeliewen an déi sozial Kohesioun am Land ze erhalen, brauche mer onbedéngt modern an un d'21. Jorhonnert ugepasste Moosnamen, fir d'Sozialhëllef hei zu Lëtzebuerg ze garantéieren.

Um Plang vun der Sozialpolitik goufen am leschte Jorhonnert hei zu Lëtzebuerg eng etlech Gesetzesinitiative geholl. Dëst sinn alles wichteg Moosname géint d'Aarmut an déi sozial Ausgrenzung, déi sech awer op nationalem Plang ofgespillt hunn. Et ass elo absolut dréngend, fir d'Sozialhëllef och op lokalem, also kommunalem Niveau nei ze regelen.

Et sinn d'Gemengen, déi no beim Bierger sinn an déi domat beschuens placéiert sinn, fir de Mënschen an Nout an hirem direkten Ëmfeld déi néideg Hëllef zoukommen ze loossen iwwer eng Vernetzung vun den Hëllefsservicer um lokalen Niveau.

Villes huet sech geännert an deem leschte Jorhonnert. D'Aarmut huet en neit Gesicht kritt a gesäit also net méi aus wéi fréier. D'Leit si mat vill verschiddene soziale Problemer konfrontéiert. Trotz eisem héije Wuelfstand sinn awer och eng Rei Leit duerch d'Masche vum Filet gefall.

Et sinn net méi onbedéngt Leit, déi biedelegen, Hunger leiden a keen Daach méi iwwert dem Kapp hunn, mä Persounen, déi an enger fragiler familiärer, gesondheet-

lecher an Aarbechtssituatioun sinn. Konsumenten mat wéineg Kafkraaft, deenen et u sozialen a kulturelle Kompetenze feelt an déi net seelen an d'Iwwerverschëldung ofgerutscht sinn.

Egal wéi, et ass e Fait, dass d'Aarmut an Däiwelskrees ass, aus deem ee schwéier nees erauskennt. Duerfir brauche mir modern Instrumenter, déi un d'Besoinën vun de Leit ugepasst sinn an déi et erméiglechen, där neier Aarmut mat hire ville verschiddene Gesichter ze begéinen, fir déi néideg Léisungen erbäizeféieren.

Och elo gëtt et schonn eng ganz Rei Gemengen, déi an hiren Offices sociaux oder an anere weidere soziale Servicer eng exzellent professionell Sozialaarbecht leeschten. Mä déi aktuell gesetzlech Dispositiounen ginn awer oft anescht vu Gemeng zu Gemeng applizéiert, an net all Gemeng konnt sech bis elo och e professionelle Service ginn, dee fir dës Missiounen zoustänneg war. Noutsituatiounen goufen en bon père de famille geregelt, wat leider net ëmmer duergeet, och wann d'Hëllef gutt gemengt ass. Déi betrafte Leit fille sech nämlech dobäi net wuel, mä éischter erniddregt an dëser Situatioun.

D'Gemengenentitéiten selwer hu sech och verännert am Laf vun der Zäit, grad esou wéi dass d'Déplacementer vun enger Gemeng zur anerer och haut vill méi einfach a schnell sinn.

D'Kaderbedéngungen müssen also ugepasst ginn, an déiselwecht Konditiounen a Kritäre solle fir all Gemenge gëllen, fir wirksam a virun allem gerecht géint d'Aarmut an d'sozial Ausgrenzung zu Lëtzebuerg ze këmpfen, an dat an aller Dignitéit fir déi Mënschen, déi betrafft sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Haapteleementer vum virleiende Gesetzesprojet si folgend:

1. d'Aféierung vun engem Recht op Sozialhëllef. Jiddwereen, dee sech zu Lëtzebuerg ophält, huet d'Recht op Sozialhëllef, déi him et erméigleche soll, e mënschewierdegt Liewen ze féieren. Duerch d'Aféiere vun dësem formelle Recht fillen déi betrafte Leit sech manner ofgestempelt a si sinn net méi willkürlechen oder souguer erniddregenden Décisiounen ausgesetzt. D'Gesetz gesäit och verschidden Ausnahmen vir. Wat och nei a ganz wichteg ass, ass, dass deen, deen d'Hëllef freet, elo d'Recht kritt, e Recours géint déi gehollen Décisiounen an d'Wee ze leeden.

2. de globalen a kohärente Charakter vun der Sozialhëllef. Bei der Ëmsetzung vun der sozialer Hëllef gëtt de Mënsch als e Ganz gekuckt, mat all senger Problemer a Facetten. Hei gëtt op eng sozial Begleitung vun der Persoun an Nout gesat, wou selbstverständlech déi materiell Hëllef an eng Noutwunneng derzou gehéieren, mä déi awer nëmmen en Deel vun engem globale Suivi duerstellen. Esou gëtt d'Autonomie vun de Persounen a Famillje geförderet an eng sozial Ausgrenzung verhënnert.

D'Hëllef ass subsidiaresch zu deene bestehende soziale Rechter, an den Zougank zu deenen anere gesetzlech verankerte soziale Moosname gëtt erméiglecht, wann zum Beispill de Client un e spezialiséierte Service weiderorientéiert gëtt. Dat ass och eng Manéier, fir engem virunzehëllefen.

3. En drëtt wichtegt Element ass, dass déi Sozialhëllef op kommunalem Niveau verankert bleift. Andeems d'Sozialhëllef am Kader vun der Gemenge bleift, gëtt dem Wonsch vun der Gemenge Rechnung gedroen, fir d'Kompetenz op deem Gebitt ze behalen. Et erméiglecht och, grouss strukturell Changementer ze évitieren an déi ganz engagéiert Aarbecht vu munche Gemengen am soziale Beräich ze respektéieren. Dës Hëllef op nationalem Niveau ze zentraliséieren, géif kee Sënn maachen an en onmoosseggen Opwand bei der Ëmsetzung verlaangen.

4. ginn d'Strukturen an der Fonctionnement vun den Office-sociauxen ugepasst. D'Terminologie „Office social“ ass bäibehale ginn, well se gutt agebiergert ass. Den Office social bleift weiderhin als öffentlech Arichtung mat enger juristescher Personalitéit bestoen a funktionéiert och ënnert der Responsabilitéit vun der Gemeng.

D'Zuel vun den Office-sociauxen gëtt awer reduzéiert. All Gemeng vun op d'mannst 6.000 Awunner schafft en Office social oder trëtt, wa se dat decidéiert, zesumme mat anere Gemengen engem gemeinsamen Office social bäi. D'Gemenge vu manner wéi 6.000 Awunner mussen sech hirsäits mat enger oder méi Gemenge regroupéieren, fir op eng Mindestbevölkerung vu 6.000 Awunner ze kommen an esou e gemeinsamen Office social duerzestellen, deen ënnert d'Opsicht vun där Gemeng, déi den Haaptsätz kritt, gesat gëtt.

Déi Masse critique vu 6.000 Awunner stellt e rasonnabele Kompromëss duer, fir eng optimal Gestiou vun den neie Strukturen ze garantéieren an d'kommunal Autonomie esou wäit wéi et méiglech ass ze respektéieren. Esou gëtt e vergläichbare Qualitéitsservice am ganze Land ugebueden, deen no genuch beim Bierger ass.

5. Dat fënneft Haaptelement ass, dass de Bénéficiaire vun der Sozialhëllef mat responsabiliséiert gëtt. Als Géigeleeschung zu där Hëllef huet den Office social d'Recht, fir eng aktiv Mataarbecht vum Betraffenen u sengem Hëllefprojet ze verlaangen, deen zum Zil huet, fir seng Autonomie nees hierzestellen.

6. gëtt dann och der Fonctionnement vum Office social nei geregelt. Den Office social kritt e Verwaltungsrot, deen zoustänneg ass fir déi administrativ, finanziell a Personalgestioun. Urgent Décisiounen iwwert d'Hëllefsmoosname sinn och méiglech. Der Buergermeeschter oder e Member vum Schäfferot kënnen un der Sitzunge vum Verwaltungsrot mat berodender Stëmm deelhuefen, wa si dat fir néideg fannen.

All Office social muss d'Matwierke vun op d'mannst engem Assistant social oder Assistant d'hygiène sociale a sengem Service fir Sozialaarbecht garantéieren. En huet dräi Méiglechkeeten, fir dëst ze realiséieren: entweder duerch eegent ugestalltent Personal oder duerch eng Konvention mat engem net staatlechen Träger, deen d'Expérience op deem Gebitt huet an dee säi qualifizéiert Personal duerfir zur Verfügung stellt, oder awer duerch eng Kombinatioun vun deenen zwou Zorte Personal.

Och gëtt den Double emploi évitéiert, well der Gesetzestext virgesäit, dass enger Persoun, déi an enger Institutioun opgeholl gëtt, hir Openthaltsgemeng an där Gemeng leeft, wou se hiren offizielle Wunnsätz huet.

D'Berufsgeheimnis huet en héije Stellenwert bei deem virleiende Gesetzesprojet. Jiddwereen, dee sensibel Donnéeën am Kader vun den Aktivitéiten vum Office social gewuer gëtt, muss sech un der Secret professionnel halen.

E weidert Haaptelement ass dann d'Verdeelung vun der finanzieller Chargen. Och wa gewëss finanziell Schwankungen vu Gemeng zu Gemeng festgestallt ginn, muss eng gerecht Verdeelung vun der finanzieller Belaaschtung tëschent dem Stat an der Gemenge virgeholl ginn. Et ass virgesinn, dass der Stat an d'Gemeng der järelechen Defizit bei gläichen Deeler finanzéieren, ënnert der Konditioun, dass d'Quote-part vum sozioprofessionelle Personal eng op 6.000 Awunner a vum administrative Personal en hallwe Posten op 6.000 Awunner net iwwerschreit. Dee gläiche Prinzip gëllt fir d'Indemnitéiten vum President an d'Jetons de présence vun der Verwaltungsrotememberen.

Am Fall vun engem gemeinsamen Office social ginn d'Undeeler vun der Gemenge prorata zu hirer Bevölkerung fixéiert. Déi urgent humanitär Hëllefsmoosname ginn zu 100% zu Laaschte vum Stat.

All dës finanziell Bestëmmungen an der partnerschaftlech Zesummenaarbecht ginn an enger Konvention geregelt, déi d'Gemeng mat deem zoustännegen Ministère, an deem Fall dem Familljeministère, mat der oder der Gemengen ofschléisst. Wat doriwwer erausgeet, wéi Immobiliékäschten, zousätzlech sozial Projeten oder d'Engagement vun zousätzlichem Personal, gëtt an engem extra Accord festgehalten.

Ervirzehiewe bleift nach, dass d'Personal vun der jëtzegegen Office-sociauxen beim Transfert säi Statut an d'Kontrakter grad esou wéi all seng Rechter an d'Avantage wäert behalen.

Nun zu der Préliminairë vum Gesetzesprojet. Der Projet de loi N°5830 ass vun der Familljeministesch Madame Marie-Josée Jacobs den 22. Januar 2008 hei an der Chamber déposéiert ginn. Et louch en Exposé des motifs an e Kommentar vun der deene jeeweilegen Artikele bäi.

Et koumen Avisen zum Gesetzesprojet era vun der Handelskummer, der Privatbeamtenkummer, der Aarbechterkummer, der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics, der Handwerkerkummer, der nationaler Associatioun vun den Assistant-sociauxen, Assistants d'hygiène sociale an Infirmiers gradués souwéi vun der konsultativer Kommissioun vun der Mënsche-rechter.

Der Vollständigkeit halber ass ervirzehiewen, dass nach aner Gremien drop gehalen hunn, hir Meinung matzedeelen. Et sinn dëst: de Mengesyndikat Syvicol, d'Stied Lëtzebuerg an Esch-Uelzecht, d'Entente vun der Verwalter vun der Centres

d'accueil EGCA, d'Lëtzeburger Rout Kräiz an d'Associatioun ATD Quart Monde.

Den Avis vum Statsrot koum den 3. Februar 2009 eran, an en zousätzlechen Avis elo den 28. Abrëll.

An der Réunioun vun der Familljekommissioun vum 20. Mäerz 2008 gouf der Gesetzesprojet der Membere vun der Kommissioun virgestallt, an ech gouf als Rapportrice gestëmmt. Well der virleiende Gesetzesprojet awer e groussen Impact op d'Gemengen hei am Land huet, gouf decidéiert, dass vun der och d'Kommissioun vum Intérieur an der Landesplanung soll un der parlamentareschen Aarbechte be-deelegt ginn. Dat war der Fall den 20. Mee an den 9. Juli 2008.

D'Regierung huet dunn den 19. September 2008 Amendementer pour avis un der Statsrot adresséiert. Déi zwou Kommissiounen sinn nach den 1. Abrëll an der 6. Abrëll 2009 zesummekomm, fir den Avis vum Statsrot ze analyséieren. Bei där Geleeënheet goufen eng Serie parlamentaresch Amendementer adoptéiert, déi dunn dem Statsrot den 10. Abrëll pour avis weidergereecht goufen. An der Réunioun vum 21. Abrëll hunn déi zwou Kommissiounen nach en Amendement ugehall, an ech hunn der Projet vum schrëftlechen Rapport presentéiert.

Den 28. Abrëll ass dunn den Avis complémentaire vum Statsrot komm, an dee gouf an der Réunioun vum 30. Abrëll vun der zwou Kommissiounen analyséiert. Schlussendlech gouf den definitive Rapport der 5. Mee 2009 majoritär ugehall. D'Kommissiounen hunn decidéiert, dee vun hinnen amendéierte Projet de loi engem éischte Vote ze ënnerbreeden, trotz der verbliewener Opposition formelle vum Statsrot. Ech wäert nach spéider a mengem Ausféierungen dorop zrëckkommen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, all déi offiziell Avisë stinn der virleiender Gesetzesinitiative positiv géigeniwwer. D'Privatbeamtenkummer, d'Aarbechterkummer an d'Statsbeamtenkummer begrësse besonnesch d'Aféierung vun engem Recht op Sozialhëllef, och wa se dat gäre méi prezis definéiert hätten.

D'Handelskummer, d'Privatbeamtenkummer an d'Aarbechterkummer beschäftegen sech och mam Regroupement vun der Gemengen. An och zum Statut vum Personal vum künftigen Office social goufen Iwwerleeungen gemaach. Déi Interesséiert bieden ech, an dësen zimlech detailléierten an deelweis och kriteschen Dokumenter nozeliere fir weider Informatiounen.

Wat seet der Statsrot zu deem Gesetzesvorschlag a wéi sinn déi parlamentaresch Aarbechten en fonction dovunner verlaft? Am Prinzip ass der Statsrot mat der Schafung vun engem Recht op Sozialhëllef hei zu Lëtzebuerg averstanen. Mä en huet dräi Opposition-formellen ausgeschwat. An zwar déi folgend:

Déi éischt bezitt sech op der virgesinnene forcéierte Regroupement vun der Gemenge gemäss enger Awunnerzuel vu 6.000. Der Statsrot invoquéiert der Prinzip vun der kommunaler Autonomie, dee confirméiert gouf vun der europäescher Charta vun der kommunaler Autonomie, déi zu Stroossbuerg der 15. Oktober 1985 ënnerschrifwen an duerch d'Gesetz vum 18. Mäerz 1989 approuvéiert gouf.

Weider wär der Prinzip vun der kommunaler Autonomie consacrééiert duerch den Artikel 107(1) vun der Constitution. D'Initiative, fir sech ze regroupéieren, misst imperativ vun der Gemenge selwer ausgoen, déi eleng iwwert hir Organisatiounsform ze bestëmmen hätten.

Da schléit der Statsrot vir, dass déi Gemengen, déi sech wéilte regroupéieren, dat ënnert der Form vun engem Mengesyndikat maache kéinten, deem säi gesetzleche Kader duerch d'Gesetz vum 23. Februar 2001 ginn ass. Fir dann en Office social vun enger eenzeger Gemeng organiséiert ze kréien, schléit déi héich Kierperschaft vir, fir en zousätzleche spezifische gesetzleche Kader am Mengengesetz vun 1988 anzeféieren an en Établissement public communal do ze schafen, deem en da seng Organisatioun a säi Fonctionnement regelt.

Dëse gesetzleche Kader kéint esou an der Zukunft och fir aner Missiounen vun de Gemenge gëllen. D’Kommissiounen hunn awer festgehalen, dass dës Opposition formelle net gerechtfertegt wier, an dat aus méi Ursachen.

Et ass fonnt ginn, den Artikel 107 vun der Constitution misst a senger Integralitéit gekuckt ginn. De Paragraph 5 vun deem Artikel seet nämlech, dass d’Gesetz géif d’Komposition, d’Organisation an d’Attributiounen vun de kommunalen Organer regléieren. De Gesetzgeber kann also iwwer e speziaalt Gesetz d’Kompetenze vun der Gemeng regelen.

Och den Artikel 3 vun der europäescher Charta iwwert d’kommunal Autonomie misst méi genee gekuckt ginn. Do gëtt déi kommunal Autonomie beschriwwen als d’Recht an d’Capacitéit vun de lokale Kollektivitéiten, fir e groussen Deel vun den öffentlechen Affären ënnert hirer eegener Responsabilitéit ze verwalten an ze regelen, mä am Kader vum Gesetz.

Zousätzlech muss een den Artikel 108bis vun der Constitution a Betruecht zéien, dee seet, dass d’Schafung vun Établissements publics, déi d’zivil Personalitéit hunn, formell dem Gesetz iwwerlooss ass, wou och d’Organisation an den Objet dovou bestëmmt ginn. D’Gemenge wieren also eigentlech net befugt, fir öffentlech-rechtlech Ariichtungen ze constituéieren.

Aus dësen Ursachen hunn déi zwou parlamentaresch Kommissiounen déi Objektioun vun der Netkonformitéit zu der Constitution vum virleienden Text net opgegraff an hunn decidéiert, de System, dee vun der Regierung proposéiert gouf, bäizebehalen, wat se dem Statsrot och matgedeelt hunn.

A sengem komplementären Avis awer erkennt de Statsrot dës Argumentatioun net un an insistéiert op de Prinzip vun der Autonomie communale, déi de Gemengen d’Fräiheet géif loossen, sech esou ze regroupéieren oder och net, wéi si dat wëllen.

Weider verweist en op d’Virbereedungs-aarbechte vum deemolege Gesetzestext, deen den Artikel 108bis vun der Constitution aféiert, wou sech eigentlech net op d’Établissements publics communaux bezu gi wier.

D’Kommissiounen hunn awer, wéi scho gesot, decidéiert, dee vun hinnen amendéierte Projet de loi trotzdeem engem éischte Vote ze ënnerebreen, ofgesi vun der verblíwwener Opposition formelle vum Statsrot. D’Aarbecht vun den Office-sociauxe soll nämlech effikass organiséiert ginn an op eng koordinéiert Aart a Weis hei am Land stattfannen. Ausserdeem ass fonnt ginn, dass dat aktuellt Ëmfeld vu Kris et géif dréngend verlaangen, fir en ugepasstent legaalt Instrument am Beräich vun der sozialer Hëllef ze hunn.

Déi zweet Opposition formelle koun beim Artikel 23, deen d’finanziell Bedeelegung vum Stat a vun de Gemenge regelt. De Statsrot kritiséiert, dass déi virgeschloen Approche riskéiert zu enger manner héijer staatlecher Zouwendung fir d’Gemengen ze féieren, wéi dat bis elo de Fall wier.

Weider notéiert en, dass d’Prozedur an de Kalenner, no deem d’Budgeten an d’Konte vun den Office-sociauxe sollen approuvéiert ginn, d’Gemengen zu enger Virfinanzéierung forcéieren, während engem oder souguer zwee Budgetsexercicen.

Ausserdeem hieft en ervir, dass de virgesinnene staatleche System net de groussen Differenzen tëschent de Gemengen am Beräich vum Indigénat Rechnung dréit, an dass och aner Kritäre wéi den demographesche Faktor hätte kënnen a Betruecht gezu ginn. Doropshi proposéiert de Statsrot eng nei finanziell Opdeelung vun de Käschten.

De Stat soll och d’Finanzéierung garantéieren ënnert der Form vu monatlechen Acompten. Déi héich Kierperschaft ënnesträicht nach, au vu dass d’Gemenge sech zu engem groussen Undeel un de Käschte vun hiren Office-sociauxe bedeelegen, et net duergeet, dass den Office social der Gemeng just säi Projet de budget virleet. Den Artikel 107 vun der Constitution géif verlaangen, dass d’Gemengen d’Finanzverwaltung vun deenen Office-sociauxe

misste kënnen kontrolléieren. Fir de Fall, wou dat esou géif stoe bleiwen, kéint de Statsrot keng Dispens vum zweete constitutionnelé Vote ginn.

Déi zwou Kommissiounen hunn doropshin decidéiert, den Artikel ëmzeformuléieren. Si hunn iewel de Statsrot net suivéiert, wat d’Spillregele vun der finanzieller Bedeelegung ugeet, an dat aus verschiddenen Ursachen.

Entgéint dem Statsrot senger Meenung, d’Gemenge kéimen elo finanziell méi schlecht ewech, ass ënnestrach ginn, dass déi staatlech Bedeelegung sech op zousätzlech Ausgaben ausweit, wéi d’Secoursen un d’Leit, d’Verwaltungs-käschte vum Office, d’administratiivt Personal, d’Indemnitéiten an d’Jetons de présence.

Ervirzehiewen ass, dass fir de Moment d’Gehälterkäschte vum eegene Personal vum Office social net vum Stat zrëckbezuelt ginn. Hei koun et zu enger animéierter Diskussioun an der Kommissioun, well et kéint sinn, dass déi méi kleng Gemenge riskéieren, méi schlecht ewechzekomme wéi déi grouss. Rechnunge sinn iwwerhaapt ganz schwéier, well d’Situatioun sech vu Gemeng zu Gemeng anescht presentéiert.

Et muss awer nach gesot ginn, dass d’Gemengen elo vun aller finanzieller Bedeelegung un de Placementskäschte vu Persounen an Institutiounen wäerten entbonne ginn. Doriwwer eraus ginn d’Auslands-placements der Gemengen am Moment guer net verrechent.

D’Kommissiounen hunn och nach dem Statsrot seng Propos iwwerholl, fir en 100%ege Remboursement vun den humanitären Hëllef virzegesinn.

Da gouf proposéiert, de Paragraph 3 ëmzeänneren an de System vun der finanzieller Bedeelegung vum Stat iwwert de Wee vu Konventiounen ze regelen, well domat de Problem vun der Virfinanzéierung duerch d’Gemengen aus der Welt geschaf wier. De System vun de Konventiounen, déi de Stat schonn zënter Jore mat villen öffentlechen a privaten Träger ofschléisst, huet seng Preuvë gemaach, souwuel wat d’Finanze wéi wat d’Zesummespill vun de Partner ubelaangt.

Dann déi drëtt Opposition formelle. Den initialen Artikel 24 huet eng Virmündschaft vun den zwee implizéierte Ministère par rapport zu den Office-sociauxe virgesinn: engersäits dem Familljeministère an anerersäits dem Innenministère. Hei huet de Statsrot insistéiert an ervirgestrach, dass am Kader vun der kommunaler Autonomie d’Gemenge missten d’Organisation an d’Koordination vum soziale Bäistand duerch d’Schafung vun Office-sociauxe selwer an d’Hand huelen, a si géife jo och e substanzialen Deel vum Defizit iwwerhuelen.

Déi zwou Kommissiounen hu festgestallt, dass d’Lecture vun deem Artikel eleng effektiv den Androck géif erviruffen, wéi wann de Stat sech dat do wëllt ënnert den Nol rappen. Dat war awer kengersäits d’Intentioun vum Gesetzgeber. Vu d’Ëmformuléierung vun leschte Paragraph vum Artikel 23 an déi souwisou am Gemengesetz vun 1988 verankert Roll vum Innenministère par rapport zu de Gemengen, gouf dunn decidéiert, den Artikel ze sträichen, esou wéi de Statsrot dat gefrot hat.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll nach weider Kommentaren zum Avis vum Statsrot an de parlamentareschen Aarbechte maachen. Déi zwou Kommissiounen hunn op anere Punkten dem Statsrot seng Remarques a Suggestiounen suivéiert an och eegen Amendementer zrëckbehalen. Ech wëll vun deene Punkten der just e puer erauspicken, well dat géif soss ze wäit féieren. Fir weider Detailer bieten ech déi Interesséiert, a mengem schrëftleche Rapport nozeschloen, wou e ganz detailléierte Commentaire des articles virgefannen ass.

Wat d’Objektiver an d’Definitioun vun der sozialer Hëllef ubelaangt, esou hu sech déi zwou Kommissiounen gréisstendeels dem Statsrot ralliéiert. Dës ass elo net méi op éischt Hëllefsmoosname reduzéiert, mä et geet ëm eng méi global a ganzheetlech Approche zu der Persoun an Nout, déi soll kënnen e mënschewierdegt Liewe féieren an déi och solle méi längerfristeg kënnen begleet ginn.

Och de virgesinnene Solidaritéitskontrakt mat Rechter a Flichten, dee sollt mat der Persoun an Nout ofgeschloss ginn, ass opgrond vum Statsrot senger Bedenke fale gelooss ginn. An et ass dunn an engem spéideren Artikel, dem Artikel 7, op eng aktiv Bedeelegung an eng Responsabilitéit vum de Betreffende Wäert geluecht ginn.

No längerem Diskussioun gouf decidéiert, dass den Office social eng öffentlech-rechtlech Ariichtung gëtt, déi ënnert d’Kompetenz vun de Gemenge fällt an déi net privatrechtlech gefouert gëtt. E parlamentareschen Amendement huet nach preziséiert, dass d’Successioun vun engem opgeléisten Office social, am Fall wou e sech als eenzelnen Office social constituéiert, net un d’Gemeng fällt.

Wat dann d’Beschreiwung vun de Missiounen vun engem Office social am Artikel 7 ubelaangt, esou hunn déi zwou Kommissiounen déi méi prezis a méi detailléiert Beschreiwung vum Statsrot iwwerholl.

Den Artikel 19 gouf ëmformuléiert, fir kloerzestellen, dass de Verwaltungsrot säi Service ka selwer organiséieren, wat d’Personal ubelaangt. No längerem Diskussioun ass och do festgehal ginn, dass den Office social dräi verschidde Méiglechkeeten huet, fir op professionellt Personal zrëckze-gräifen, wéi ech et am Ufank beschriwwen hunn.

Duerch en Amendement gouf dann nach eng Definitioun vun de Waasserkäschte bäigefügt.

Och kënnen laut neiem Artikel 31 elo Secours vum Office social no enger méi vereinfachter Prozedur zrëckgefrot ginn.

Schlussendlech soll dat elo hoffentlech gläich fir d’éischt gestëmmt Gesetz den 1. Januar 2010 a Kraaft treden, bis op déi Dispositionen, déi d’Astellung vun zousätzlech Personal beim Familljeministère virgesinn. Sou hunn d’Gemengen déi néideg Zäit, fir sech op dës wichteg Sozialreform virzebereeden, déi sécherlech d’sozial Landschaft hei zu Lëtzebuerg wäert veränneren a virun allem e ganz gutt Stéck wäert verbessern am Sënn vun deene Leit, déi op déi Hëllef ugewise sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer, nach zum Schluss e puer Mercien auszudeelen. Un éischter Stell un d’Mataarbechter vum Greffe, déi hei zimlech gefuerdert waren, virun allem d’Madame Marianne Weycker an hiren Assistent, a besonnesch dem Här Generalsekretär Claude Frieseisen Merci fir säin Engagement an deem Dossier.

E weidere Merci geet un d’Mataarbechter aus der Fraktioun wéi och d’Madame Familljeministesche an hir Beamten.

Besonnesch wëll ech déi konstruktiv Ambiance ervirhiewen, déi tëschent de Membere vun den zwou Kommissiounen bestanen huet, och wann d’Diskussiounen emol hëtzeg waren. An der Saach war ee sech am Fong eens, wann och net ëmmer iwwert de Wee fir dohin ze kommen.

Duerfir wäert de Vote och nëmme bal unanime sinn. An ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Ech soen der Madame Rapportrice Merci fir hire Rapport. Als éischte Riedner ass den Här Jean-Paul Schaaf agedroen. Här Schaaf, Dir hutt d’Wuert.

Discussion générale

» **M. Jean-Paul Schaaf (CSV).** - Här President, Kolleginnen a Kollegen, ech wëll fir d’éischt dem Sylvie Andrich fir deen net einfache Rapport, dat huet een héieren, Merci soen a gläichzäitig eis Félicitatiounen zum Ausdrock bréngen. Net manner wéi 55 Säiten huet dee schrëftleche Rapport, an och dee mëndleche war vun enger, mengen ech, grousser Qualitéit. Virun allem huet hatt ëmmer de klore Kapp behalen an all deenen Diskussiounen, déi mer haten, an ëmmer erëm eis alleguerten op d’Schinn zrëckbruecht vun der Diskussioun. Duerfir, Sylvie, mä grouse Respekt hei vun dëser Plaz.

Wat maache mer haut? Mir reforméieren haut d’Office-sociauxen. Mir stellen domadder d’Sozialaarbecht vun de Gemengen op eng nei Basis a ginn der biergernoer Sozialhëllef nei Bedéngungen. An eigentlech ass et och esou, an dorëm geet et, dass mer de Mënschen, déi Ënnerstëtzung brauchen, och mat deem Projet nei Rechter ginn.

Dat ass jo Grond genuch fir emol eng Kéier ze hannerfroen, wat een dann eigentlech dorënner versteet, wann ee vu Sozialhëllef schwätzt, wat domadder gemengt ass, wat fir eng Konsequenzen et huet a wat fir eng Auswierkungen an der Praxis.

D’Sozialaarbecht definéiert sech an éischter Linn duerch d’Formuléierung vun hirem Zil, manner duerch d’Formuléierung vun hire Moyenen. An engem Saz géif ech et esou résuméieren: D’Sozialaarbecht huet zum Zil, Mënschen, déi ëm Hëllef froen,

professionell ze ënnerstëtzen, fir dass si progressiv d’Maîtrise vun de Relatiounen, déi se hunn, erëmkreien.

Et klängt e bësse komplizéiert, ass awer eigentlech relativ einfach.

Den Objet vun der Sozialaarbecht sinn all déi net zefridde stellend Relatiounen, déi d’Mënsche mat hiren Ëmwelten, am Pluriel, hunn. Indikativ kann dat eng Relatioun mat Geld sinn, eng mam Alkohol, eng mam Liewenspartner, eng mat de Kanner, mat der Schoul, mat der Justiz an esou weider an esou fort.

Et geet drëm, de Mënschen ze hëllefen, Meeschter ze ginn iwwert déi Relatiounen, fir eben en autonoomt an ausgeglacht Liewe kënnen ze féieren. An et geet drëm, sech selwer als Sozialaarbechter oder als Service iwwerflësseg ze maachen, esou dass de Client vun der Sozialaarbecht erëm eleng am Liewen eens gëtt a säi perséinleche Liewensprojet ka réaliséieren.

D’Sozialaarbecht ass do dernieft also gehalten, och konkret Léisungen op konkret Problemer ze fannen an unzebidden.

De soziale Service, an deem Fall de Service vum Office social, huet ee gesamtgesellschaftlechen Opdrag, fir d’Solidaritéit tëschent de Mënsche professionell ze organiséieren an esou och fir den Zesammenhalt vun eiser Gesellschaft ze suergen.

Mir brauche kompetent sozial Servicier, fir de Mënschen d’Sécherheet ze ginn, dass dës Gesellschaft si net hirem Schicksal iwwerléisst, wa si eemol Hëllef néideg hunn. Déi Hëllef ass entweder materiell, an dacks ass dat den Ausléiser, fir iwwerhaapt Hëllef froen ze goen, oder et ass eng Berodung, eng administrativ Hëllef, e Bäistand, eng Vermëttlung an esou weider.

Dëst Gesetz huet den Usproch, fir iwwerall am Land déiselwecht Leeschtunge sécherzestellen a méiglecherweis och unzebidden. Den Exposé des motifs vum Gesetz an och de Rapport ginn op déi Tatsach an, dass et net iwwerall am Land déiselwecht Äntwerten op déiselwecht sozial Problemer gëtt, an dass net all Bierger déiselwecht Konditiounen an déiselwecht Prozedure begéint; kuerz: also net iwwerall am Land haut déiselwecht Hëllef kritt.

Mam virleiende Projet huet eis Ministerin sech engem däregen Dossier ugeholl, an et muss een hir félicitéiere fir hire Courage an hir Tenacitéit an där Saach. Dat ass en ausgeglachten Text, dee vill diskutéiert ginn ass. Ënner anerem och am Syvicol, an deenen zwou Kommissiounen, dann awer och an de Majoritéitsfraktiounen. Schliesslech ass e Kompromësstext erauskomm, dee menger Lecture no ee ganz gudden Text ass.

Zënter 1792, esou fanne mer et am Exposé jo erëm, wou dëst Land iwwert d’Bureaux de bienfaisance verfügt, sinn d’Gemenge gehalten, fir sech de soziale Problemer vun hiren Awunner unzehuelen. Allerdéngs maache se dat, wéi gesot, jo net ëmmer all mat darselwechter Begeescherung.

An der Kommissioun huet den Här Gira sech drëm gesuergt, dass d’Sozialaarbecht nëmmen dann zu enger lokaler Prioritéit vun de Gemengeverantwortleche géif ginn, wann de Schäfferot oder de Buergermeeschter selwer och Member am Office social wier. Et ass eng Vue, déi ech net deelen. Well wann dat esou wier, da bräichte mer haut dat Gesetz net, dann hätten an deene leschten 160 Joer all d’Gemengen am Land Zäit gehat, fir op hirem lokale Plang hiren Office social mat kohärent Strukturen, Opdrag a Moyenen esou ze équipéieren, dass dat eng reell Prioritéit wier haut fir alleguerten d’Leit.

Dat ass op enger Rei vu Plazen och geschitt. Dat ass awer net iwwerall geschitt an och net iwwerall am selwechte Mooss.

Eng Gesellschaft zeechent sech als eng kohärent Liewensgemeinschaft aus, wann d’Solidaritéit do hir Plaz huet, wann d’Mënsche sech kënnen drop verlooosen, dass se eben net verloooss sinn, wa se eemol Hëllef brauchen. Si brauchen also nientweng de juristesche Rechter och sozial Rechter.

Mir hunn an de Jorzéngten e sëllegen nei Leeschtunge geschaf: de Fonds national de solidarité, de Service national d’action sociale, den RMG, d’Fleegeversécherung, eng Heizungszoulag, Kannergeld, de Congé parental, Chômage, d’Onfallversécherung an esou weider an esou fort. Et kann ee se net all opzielen. All déi Servicier sinn Déngschtleeschungen a sinn och Rechter, déi domadder verbounne sinn. An haut gëtt elo eben hei och e Recht op Sozialhëllef geschaf. Dat ass nei an dat ass gutt esou.

Dat Gesetz hei professionaliséiert awer och d’Sozialhëllef. Duerfir gëtt et eng Rei gutt

Grënn, fir mat deenen, déi ëm Hëllef froen, zesummen e Bilan ze maachen, eng komplett an eng gutt Analys vun hirer Situatioun, fir emol ofzeklären, wat hir reell Demande ass, wéi hir sozial Rechter dostinn, wéi eng spezialiséiert Servicer hinnen nach kënnen hëllefen, wat fir eng Leeschtunge vu Stat a Gesellschaft si an Usproch kënnen huelen an ënner wéi enge Konditiounen. Alles dat verlaangt e grousst Fachwëssen iwwer eis Sozialgesetzgebung engersäits an och awer eng gutt Ausbildung an eng gutt sozial Methodik op där anerer Säit.

An der Sozialaarbecht entsteet dernieft tëschent dem Client vum Service an dem Professionellen eng Relatioun. An nëmmen, wann déi Relatioun op eng gutt Vertrauensbasis opbaut, da kann och de Prozess zu engem Succès féieren.

Duerfir ass de Secret professionnel vu grousser Wichtigkeet an d'Vertraulichkeet vun den Donnéeën muss garantéiert sinn.

Den Artikel 21 verweist duerfir all d'Membere vum Office social op de Secret professionnel am Ëmgank mat den Donnéeën, déi am Kader vu senger Missioun erhuewe ginn.

Et ass och ënner anerem dofir, wou et aus menger Siicht problematesch ass, dem Statsrot senger Propos gerecht ze ginn, d'Office-sociauxen iwwert de Wee vu Syndikaten ze organiséieren. Laut Syndikatsgesetz vum 23. Februar 2001 sinn all Sitzungen öffentlech, grad wéi bei engem Gemengerot. Am Prinzip kann een also nolauschtere kommen, wann iwwer sozial Problemer vun de Matbierger diskutéiert an entscheed gëtt.

Dat ass esou onméiglech a widdersteht all deontologeschem Prinzip. Et dierft kee Sozialaarbechter - e géif sech strofbar maachen - Detailer aus senger sozialer Enquête matdeelen. Am Fall vun engem Syndikat misst da schonns ëmmer e Huis clos ausgeruff ginn, deen d'Majoritéit jo kéint décidéieren, deen awer net d'office d'Regel ass. A souguer wann e Huis clos do ass, kann all Gemengerotsmember virun der Sitzung den Dossier liese goen a sech souguer Kopie maachen.

Mech erstaunt awer och, dass de Conseil d'État zwee verschidde Weeër proposéiert: den Établissement public, wann eng Gemeng eleng bleift, awer keen Établissement public, wa se net eleng bleift, mä dann e Syndikat. An där Logik hätte mer zwee Modeller, zwou gesetzlech Basen, eemol Privatpersounen an engem Conseil d'administration, an eemol gewielte Lokalpolitiker am Comité vun engem Syndikat.

No dëse kuerzen Ausféierunge wëll ech awer am Résumé e puer Punkten ervirsträichen, déi mer besonnesch an deem Gesetz hei wichtig sinn.

Éischstens emol sinn d'Ënnerscheeder vun der sozialer Hëllef an Noutsituatiounen tëschent de Gemengen, esou wéi se haut bestinn, net an der Rei. Gemeinsam Regeln, Konditiounen a Prozedure si schonn noutwendeg, fir eng Cohésion sociale am Land a fir och e Gefill vu sozialer Gerechtigkeit wou zemaachen.

Zweetens ass et esou, dass, an ech hunn et gesot, d'Komplexitéit vun de soziale Regeln an eiser Gesetzgebung esou ass, dass se no enger professioneller Prise en charge verlaangt. Et muss séchergestallt ginn, dass d'Leit zu hire Rechter kommen. An dofir ass et och néideg, dass se richtig a kompetent beroden a begleet sinn.

Drëttens, d'Äntwert op e soziale Problem ass net ëmmer eng reng finanziell. Den Office social vun der Zukunft kritt eng aner Vue vun de Saachen, wann all Demande duerch eng Enquête sociale gekläert a prezisiéiert gëtt.

D'Aarbecht vum Office social kann nei Äntwerte fannen, eng Zort Kontrakt mat de Leit maachen, Initiativen huelen um Gemengeplang, déi iwwert den Eenzelfall erausginn. Dofir ass et wichtig a richtig, d'Sozialaarbecht ze professionaliséieren.

Dat, an dat schéngt mer awer och e wichtigen Aspekt ze sinn, geet awer nëmmen, wa mer d'Office-sociauxen zesummeleeën. Et muss eng sougenannte Masse critique définiert ginn, déi e Poste vun engem Sozialaarbechter rechtfertegt. Déi Definitioun ass elo bei 6.000 Awunner festgeluecht ginn.

De Statsrot opposéiert sech jo hei, well mer de Gemengen eppes imposéieren an esou d'Autonomie communale net respektéieren. Doriwwer kann ee gedeeltlechen Meinung sinn, a wann et de Gesetzgeber ass, deen eleng d'Fonctionne vun der Gemeng regelt, da muss och dëse Gesetzgeber kënnen an dësem Fall d'Konditiounen vun der Ausféierung vun de Gemengemissiounen regelen.

Fënneftens ass et esou, dass d'Professionaliséierung och eng Diversifizéierung vun der sozialer Hëllef erlaabt. Et geet eben net nëmmen ëm punktuell Geldleeschungen. Et kënnen ganz verschidde sënnavoll Aktiounen festgeluecht ginn, déi der eenzelner Persoun, der Famill, de Kanner an esou weider wichteg sinn, um Wee vun enger besserer gesellschaftlecher Integratioun.

Et ass wichteg, ze soen, dass d'Sozialaarbecht haut an der Methodik dacks op eng kontraktuell Aart a Weis gefouert gëtt an zu Resultater féiert. Dëst Gesetz gesäit dat och expressis verbis vir. Do ginn eben net méi nëmmen ofsäitig Leeschtungen verginn. Do kënnen Ofmaachunge getraff gi mam Zil, wéi ech dat aganks gesot hunn, déi maximal Autonomie vun de Leit ze erreechen an ze stäerken, andeems si dann och selwer mat Acteur am Hëllefprozess sinn a musse sinn.

Schliesslech schaaft dat Gesetz eben ee Recht op Sozialhëllef. De Mënsch huet dann e Recht, Hëllef ze froen. E kann net ouni Begrënnung ofgewise ginn an en huet och e Recoursrecht.

1986 ass zu Lëtzebuerg den RMG agefouert ginn, an dat war fir d'Éischte Kéier, dass esou e Recht agefouert ginn ass. Haut dehne mer dat aus op ee generell Recht, wat een huet, an d'Gesetz gesäit och eng Rei prezis Leeschtungen vir, limitéiert sech do op Energieversuergung, Waasserversuergung, Zougank zu Kommunikatiounsmëttel an och souguer zu kultureller Participatioun.

Dass den Office social en Établissement public mat engem Verwaltungsrot gëtt, ass aus eiser Vue eng gutt Lösung. Ech sinn och aus eegener lokaler Erfahrung net der Meinung, dass et wichteg ass, dass nëmme gewielte Vertrieeder an esou engem Gremium sinn.

Ech denken éischter, dass et gutt ass, wann ee motivéiert a kompetent Leit aus der Gemeng fënnt, an där gëtt et, déi sech mat der Gestoun vun esou engem Optrag kënnen befaassen.

Ech mengen, dass et gutt Argumenter gëtt, dat eben net de gewielte Vertrieeder ze reservéieren, mä hei och anere Leit eng Responsabilitéit ze ginn. Déi maachen dat mat vill Asaz, well se net wéi de Schäfferot duerch vill aner Aufgaben hin an hier gerappt sinn a well se och net am Hannerkapp vun all Hëllefscisioun de budgetären Impact op d'Gemengefinanzen hunn. Do dernieft ka selbstverständlech de Buergermeeschter jo bei all Sitzung derbäi sinn. Niewent dëse Betruechtungen nach e puer ofschléissend Bemerkungen zum Optrag vun den Office-sociauxen an der sozialer Landschaft vun eisem Land.

D'Office-sociauxe kréien déi kloer Missioun, den Awunner wierdeg Liwensbedéngungen ze garantéieren. An den Office social gëtt an alle Fäll den Usprichpartner vun den Awunner.

Dat war elo net onbedéngt esou. Elo hu sech de Service social de proximité vun der Croix-Rouge an den Office social dës Aufgab vun der sougenannter éischter Linn gedeelt. Am Land zesumme sinn dat ronn 45 Poste vun Assistants sociaux.

Mat deem neie Gesetz kréie mer ee Poste pro 6.000 Awunner. Wa mer also héichrechnen, kéime mer op maximal 80 Posten am Land. Dee Status quo vun der aktueller professioneller Decken an deem dote Beräich wier erreecht, wa mer ee Poste pro 10.000 Awunner hätten.

Et kommen also eng ganz Rei zousätzlech Poste bäi. Déi wäerte sécher no an no vun den Office-sociauxen entweder direkt agestallt ginn oder iwwer eng Konventioun mat engem sozialen Dénagschtleeschter, engem soziale Service geschafte ginn.

Wann dann elo déi Office-sociauxe méi Moyenë kréien, da kann d'Aarbecht, déi permanent zouhëlt, och besser gemaach ginn. Dass dat néideg ass, brauch ech net ze erklären; ech mengen, dat deelt jiddwereen heibannen.

Et ass och fir d'Éischt, dass mat dësem Gesetz eng Regel fir Personalentwécklungen am soziale Secteur direkt och un d'Bevölkerungsentwécklung gebonne gëtt, also keng direkt Fro méi vu Posten a Budgetverhandlungen ass. Och dat ass e groussen Avantage: D'Qualitéit vun de Leeschtungen bleift eis erhalen, och wann d'Awunnerzuele sech veränneren an zouhelen.

Den Office social stellt déi éischt Linn duer, also déi éischt Ulaftell. Awer den Office social mécht sécher net alles selwer. An der zweeter Linn hu mer am Land flächendeckend Servicer, déi iwwer Konventiounen mam Stat verfügen. Dës Servicer stellen déi logesch Suite duer vun der Betreierung

duerch den Office social. Et si souwuel spezialiséiert Servicer a ganz verschidde Beräicher, wéi där, déi eng Laangzäitbetreierung vu Leit a Famillje leeschten.

Dës Servicer maache sech bei der Lecture vum Text Suergen, well hei keng strikt Limitatioun vum Optrag vun den Office-sociauxen drasteet an eng Laangzäitbetreierung och do kéint gemaach ginn. Ech gesinn dat net esou als eng grouss Gefor, well wann den Office social géif décidéieren, dat ze maachen, wat e kéint, dann ass e ganz séier um Enn vu senger Disponibilitét ukomm a senger éischter Missioun riskéiert en dann, net méi kënnen gerecht ze ginn.

Par contre ass den Office social vun der Zukunft gutt beroden, fir lokal spezifesch Projeten ze entwéckelen, déi am preventive Beräich, am sougenannten Travail social communautaire hir Wirkung kënnen hunn. Dat kënnen ganz verschidde Beräicher sinn, wou een d'Suergen an d'Brennpunkte spiert an der Gemeng.

Den Office social vun der Zukunft, duerch seng Positioun un der éischter Linn, spillt also eng wichteg Roll vun Informatioun, Berodung, Koordinatioun a Vermëttlung. Den „case management“ wäert mat Sécherheet eng vun de Methode sinn, déi d'Sozialaarbecht vun den Office-sociauxe wäert charakteriséieren.

Dëse Projet de loi ass mat Sécherheet e Quantesprong, an ech erënnere mech u meng Zäit als Sozialaarbechter, wéi ech ugefaangen hunn 1990. Dunn ass schonn dovunner Rieds gaangen, dass d'Office-sociauxe misste reforméiert ginn, an haart driwwer nogeduecht ginn op enger Rei vu Plazen. Ech wëll elo net soen, wou iwwerall.

D'Gemenge musse sech mat dësem Projet nei organiséieren, mussen nei Strukture schafen, an och déi nei Office-sociauxe musse sech organiséieren, sech Regele ginn, Kollaboratiounen opbauen, Personal rekrutéieren.

Déi bestehend sozial Servicer am Land musse sech dëse Gegebenheeten upassen a sech eben och an déi Kollaboratiouns- a Kooperatiounsprozess aklénken.

Awer virun allem d'Leit am Land, déi wirklech Problemer hunn an eng biegerno, professionell, kompetent a konkret Hëllef brauchen, dat sinn déi Éischt, déi dëst Gesetz begrësse wäerten. Mir sollten dofir deene ville positive Punkten, déi dëse Projet huet, alleguerten zoustëmmen, andeem mer dëst Gesetz och stëmmen, wouvunner ech ausginn. Op alle Fall wäert d'CSV dat esou maachen.

Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Ech soen dem Här Schaaf Merci. Als nächst Riednerin ass d'Madame Colette Flesch agedroen. Madame Flesch, Dir hutt d'Wuert.

» **Mme Colette Flesch (DP).** - Merci, Här President. Här President, léif Kollegeen a Kollegeinnen, fir d'Éischt, mengen ech, misst ech mat enger Déclaration d'intérêt ufänken. Ech si Presidentin vum Office social vun der Stad Lëtzebuerg an et ass evident, dass ech an dëser Diskussioun d'Intérëten an d'Suerge vun deem Office social net konnt vergiessen. Nach hunn ech versicht, méi e wäite Brëll unzedoen an d'Problematik insgesamt ze gesinn.

Här President, wéi mer fir d'lescht iwwert d'Offices sociaux hei an der Chamber geschwat hunn, am Kader vun enger Interpellatioun vum Här Adam iwwert d'Aarmut den 1. Februar 2007, huet d'Madame Minister vun der Familljen ofschléissend gemengt, de Gesetzesprojet zur Reform vun den Offices sociaux wier um gudden Wee. Si huet awer weider och gemengt, an ech zitieren: „Ob en dann esou wëllkomm hei ass, wéi de Mëtteg jiddwereen et gefrot huet, dat ass dann nach eng aner Fro.“ Enn vum Zitat. Si wosst deemools jo schonn, wat am Projet géif stoen.

Mä nach, Här President, woen ech ze behaupten, dass d'Madame Minister sech net dee Stuerm erwaart hat, deen hei an der Chamber lassgaangen ass, wéi de Projet déposiert ginn ass. An dee Stuerm war net eng Konfrontatioun Majoritéit-Opposition, mä et war den Opstand vun de Gemengepapp an -mammen, déi d'Realitéten um Terrain kennen, à l'égard vun deene Leit an de Ministère, hannert de Schreifdëscher, déi perfekt Léisunge sichen, déi awer duerno a Wirklechkeet och zu Schwierigkeete kënnen féieren. Och, mengen ech, huet 2007 d'Madame Minister wahrscheinlech sech net kënnen virstellen, dass mer vum Conseil d'État deen Avis kréichen, dee mer entre-temps kritt hunn.

Här President, wéi de Projet bis déposiert war, hate mer du laang an hefteg Diskussiounen an deenen zwou Kommissiounen vun der Familljen a vum Intérieur, déi sech mam Projet befaasst hunn. Mir hate laang an ausféierlech Diskussiounen, mä déi Diskussiounen hunn zum Schluss awer misse ganz zügeg gefouert ginn, well den Avis vum Conseil d'État relativ spéit komm ass, a well mer dunh hu misse ganz schnell fäerdeg ginn, well jo d'Majoritéit wollt zu engem Vote komme virum Enn vun dëser Legislaturperiod, och wann dat nëmme wäert, wéi d'Rapportrice et scho gesot huet, en éischte Vote sinn, vu dass déi fundamental Opposition formelle vum Conseil d'État oprechterhale ginn ass.

Här President, d'Regierung huet am Laf vun deenen Diskussiounen eng ganz Partie Amendementer gemaach, fir déi mer dankbar sinn. D'Kommissioun huet eng Partie Virschléi vum Conseil d'État ugeholl. Dat war och eng gutt Saach. An d'Kommissioun huet och deen een oder deen aneren zousätzlechen Amendement gemaach. Dat alles huet dozou gefouert, dass mer elo en Text virun ons leien hunn, deen onser Meinung no besser ass wéi deen, dee mer am Ufank haten. An dat ass och en Text, dee mir wäerte stëmmen, och wann ech nach op deen een oder deen anere Punkt wäert agoen, wou mer mengen, dass een nach ka Verbesserungen abréngen. Mä ech kommen duerno dorobber zréck.

Ech wëll, Här President, der Rapportrice, der Madame Andrich-Duval, villmools Merci soe fir hir Ouverture d'esprit an deenen Diskussiounen, fir hir Offenheet à l'égard vun den Amendementer vun der Opposition, fir hiren exzellente Bericht a fir déi vill Aarbecht, déi se an dee Bericht oder an déi zwee Berichter, de mëndlechen an de schrëftlechen, investéiert huet.

An deem Projet, dee mer elo virleien hunn, sinn onser Meinung no fënneg ganz wesentlech Punkten. An dat si vläicht aner Punkten oder deelweis aner Punkte wéi déi, déi d'Madame Andrich-Duval als déi wesentlech Punkte considéiert huet.

Dat Éischt, an do si mer ons eens, d'Rapportrice an ech, dat ass, dass hei e Recht geschafte gëtt op Sozialhëllef op Gemengeplang. Dat, wat bis elo net de Fall war. Et gëtt also elo e Recht, an dat ass onser Meinung no eng ganz wichteg Saach.

Well et e Recht gëtt - dat ass deen zweete Punkt -, gëtt et och en Droit de recours. Wann e Bierger d'Gefill huet, dass hie säi Recht net kritt, da kann hie bei déi sozial Instanze säi Recht akloe goen. Bei déi sozial Geriichtsbarkeeten, misst ech soen.

Deen drëtte Punkt, deen ons wichtig schéngt, dat ass, dass déi nei Repartitioun vun der Charge financière zu enger méi grousser Kontributioun vum Stat wäert féieren, contrairement zu deem, wat de Conseil d'État gemengt huet, an dat huet d'Rapportrice och ënnerstrach.

Dee véierte Punkt ass d'Suppressioun vun der Notioun vum „Domicile de secours“, mat all deenen onsägleche Schwierigkeeten, déi dat fir d'Gemenge mat sech bruecht huet. Mir hunn do missen Texter applizéieren, déi 200 Joer oder méi al waren, déi also mat enger Gesellschaft sech befaasst hunn, déi guer net méi déi war, déi mir elo haut kennen. A mir kennen alleguerten déi cocasse Situatiounen oder déi schwierig Situatiounen, déi mer ëmmer erëmfonnt hunn, wann een huet missen en Domicile de secours vun engem Enfant naturel festleeën, wou d'Mamm vill geplënnert war. Dat war eng absolut obskur Wëssenschaft. Also, dass déi Notioun, den Domicile de secours, ofgeschaaft gëtt, schéngt mir och e ganz wichtige Fortschritt.

Schliesslech, an dat ass wahrscheinlech bal dee wichtigste Punkt: De Projet féiert e flächendeckende System vu Sozialhëllef iwwert d'ganz Land an - e soll dat op jidde Fall maachen -, e System, deen alle Bierger équivalent sozial Dénagschter zouséchert. Dat ass och vun alle Spriecher bis elo hei ënnerstrach ginn an onser Meinung no och e ganz wichtige Punkt.

Här President, ech kommen dann elo zu enger Serie vu Modifikatiounen, déi am Kader vun de parlamentareschen Aarbechten hei um Projet virgeholl gi sinn an déi onser Meinung no eng Beräicherung,

eng Verbesserung si par rapport zum Originaltext.

Am Artikel 2, wou et ëm den Objectif vun der Aide sociale geet, hu mer den Text vum Conseil d'État iwwerholl, deen e breet gefächerten Text ass, aus deem spezifesch Referenzen op d'Natur vun der Hëllef, déi soll geleescht ginn, erausgeholl ginn, an notament spezifesch Referenzen op de Logement.

Den Offices sociaux eng Obligatioun ze ginn, mat engem Rekursrecht e Logement ze assuréieren, hätt d'Gemengen an d'Offices sociaux virun Erausfuederunge gestallt, déi se einfach net hätte kënnen meeschteren. An duerfir schéngt et ons richteg, dass déi prezis Referenz erausgeholl ginn ass. Ech wëll dorop hiweisen, en passant, dass am Text vun der Verfassungsrevisioun, déi den Här Paul-Henri Meyers virun e puer Deeg déposéiert huet, beim Stat eng Obligation de moyens geschaf gëtt, fir fir de Logement ze suergen. Eng Obligation de moyens, mais non de fin. Et ass also net vergiess ginn, mä et ass an där absoluter Form, wéi et au départ hei virgesi war, net méi an onsem Text. An ech mengen, dat wäert och derfir suergen, dass mer eng ganz Partie vun de Schwieregkeeten, déi mer gefaart hunn, net wäerten um Gemengeplang an um Plang vun den Offices sociaux an Zukunft begéinen.

Ech wëll awer drop hiweisen, dass am Artikel 7 vum Gesetz selbstverständlech eng Obligatioun, eng Referenz steet op den Hébergement am Fall vun enger Urgence. Dat ass eppes, wat d'Gemenge gutt kennen a wat se scho laang applizéieren. Ech mengen net, dass dat wäert zu gréissere Problemer féieren, an ech fannen et och gutt, dass déi Referenz am Artikel 7 gemaach gëtt.

Da wëll ech e Wuert soen zum Artikel 5. Do geet et ëm den Office social en tant que tel. Do steet am Alinea zwee: „L'office social est un établissement public doté de la personnalité juridique.“ Am ursprünglechen Text stoung dann och dran: „...et géré dans les formes et selon les méthodes du droit privé“. Dat huet hei an der Chamber zu vill Onrou gefouert an - wéi soll ech soen? - huet menger Meinung no op enger gewëssener Konfusioun berout tëschent engersäits dem Féiere vun enger Comptabilité commerciale an anerersäits enger Gestiou „dans les formes et selon les méthodes du droit privé“. Mir sinn also frou, dass den Deel vum Saz gestrach ginn ass an dass déi Kontradiktioun, tëschent engem Établissement public engersäits an dem private Secteur anerersäits, hei erausgeholl ginn ass.

Dann e Wuert zum Artikel 6, deen och en Artikel war, dee fir ganz vill Diskussiounen gesuergt huet. Mir sinn dankbar, dass fir den Office social, deen enger eenzeger Gemeng ënnerläit, de Patrimoine vun deem alen Office social direkt op deen neien Office social eriwuergeet, ouni den Détour zréck un d'Gemeng an erëm vun der Gemeng zréck un den neien Office social. Dat hätt nëmmen zousätzlech administrativ Schwieregkeete bruecht, awer am Fong näischt un der Saach geännert. Et ass also eng gutt Saach, mengen ech, dass deen Amendment vun der Regierung..., neen, vun der Kommissioun akzeptéiert ginn ass, an dass mer dat dann agesat hunn.

Et ass awer och en Amendment vun der Regierung beim Artikel 6 derbäikomm, dee menger Meinung no ganz wichteg ass, an dat ass de Paragraph 8, wou virgesinn ass, dass bei deenen Operatiounen, wou de Patrimoine oder d'Chargé vun engem Office social, wann et e fusionéierten Office ass, zréck un d'Gemenge geet, sämtlech Fraisen, déi géifen entstoën, ewechfalen. Et kann ee sech nämlech net virstellen, dass dann d'Gemeng hätt missen Droits de succession bezuelen, a Gott weess wat fir aner Chargen nach, fir eng Operatioun, déi am Fong eng administrativ Operatioun ass. Also ass et och gutt, dass dee Paragraph 8 derbäikomm ass. Et bleift menger Meinung no nach ee kleng Problem, an ech wäert duerno dorop zréckkommen, mä menger Meinung no ass dat keen esou wesentleche Problem méi.

Dann e Wuert zum Artikel 9. Den Artikel 9 gesäit vir, dass den Office seng Aufgabe soll exzerzéieren „suivant les méthodes de

travail social les mieux adaptées“. Am Originaltext war och nach virgesinn, „am Respekt vun ideologeschen, philosopheschen a reliése Convictiounen“. Et ass gefaart ginn, dass dat kéint mëssinterpretéiert ginn an zu Schwieregkeete féieren, an deen Zousaz ass gestrach ginn. Ech mengen och, dat ass eng gutt Saach.

Artikel 19 dann, Alinea zwee: Do hate mer e Problem ee Moment iwwert déi Amendementen, déi kommen sinn an dann erëm ëmgestëmmt gi sinn. Et huet ee Moment ausgesinn, wéi wa mer wëilten eng Obligatioun virgesinn, dass all Office social muss vun engem Assistant social dirigéiert ginn. Or, mir wëssen, dass dat an de Gemengen, zemoos an de grouse Gemengen, net de Fall ass, an den Artikel 19, Alinea zwee ass an deem Sënn ofgeännert ginn. Och dofir wëilt ech der Kommissioun an dem Rapporteur Merci soen.

Dann den Artikel 23 „Prise en charge, à parts égales, du déficit par l'État et les communes“. Et ass schonn drop higewise ginn: Domadder gëtt menger Meinung no d'Zouwendung vum Stat un d'Hëllef, déi um Gemengeplang ausbezuelt gëtt, net méi kleng, mä se gëtt méi grouss, an ech mengen, dofir sollen all d'Gemengen dankbar sinn.

Dann ass de fréieren Artikel 24 ofgeschafft ginn. Deen huet eng duebel Tutelle virgesinn, vum Ministère de l'Aide sociale engersäits a vum Ministère de l'Intérieur anerersäits. Deen Artikel ass ganz gestrach ginn, an ech mengen, dat ass eng gutt Saach.

Éischters schéngt mer dat Wuert „Tutelle“ net méi zäitgeméiss. Et gëtt am Gemengesetz elo vu Kontroll geschwat, an net méi Tutelle. Dat war am 19. Jorhonnert, do huet ee vun Tutelle geschwat. An et huet och all Gemengeresponsabel Suerge bereet, dass elo sollt eng duebel Tutelle sinn, eng vum Ministère de l'Aide sociale an eng vum Ministère de l'Intérieur.

D'Kontroll vum Ministère de l'Intérieur ass souwisou ginn iwwert de Biais, dass d'Offices sociaux ënnert der Responsabilitéit vun de Gemenge bleiwen, a compte tenu och vu gewësse Bestëmmungen, déi am Gesetz sinn. Anerersäits ass fir alles dat, wat d'Aide sociale betrëfft a wat an den Hänn vum Ministère de la Famille et de l'Aide sociale läit, souwisou och geséichert, dass dee Ministère d'haute main iwwert d'Aktivitéite behält, ouni awer dass ee muss op eng Tutelle zréckgräifen.

Dat wieren déi Punkten, Här President, wou mir frou sinn, dass konnten am Laf vun den Diskussiounen Solutiounen fonnt ginn, vun deene mer mengen, dass se dozou bäidroen, dass bei der Applicatioun vum Gesetz keng Problemer entstinn, an dass mer och am Sënn vun engem gudde Fonctionnéiere vun den Office-sociaux gehandelt hunn.

Nun eng Partie Punkten, wou ech mengen, dass vläicht dach nach Handlungsbedarf ass. Den éischten a wichtegste Punkt ass déi konstitutionell Ausenanersetzung tëschent dem Conseil d'État engersäits an der Chamber anerersäits, op déi d'Madame Rapportrice jo en détail agaangen ass. Ech mengen, et wier derwäert, dass déi nächst Chamber dat ganz Gebitt, dee ganze Froekomplex ënnert d'Lupp hält a kuckt, ob net do e Besoin besteet, dass mer légiféieren, dass mer verschidden Ambiguitéiten aus der Welt schafen, an dass mer Texter kréien, déi kloer an däitlech uwendbar sinn, ouni dass esou Diskussiounen an Zukunft weider opkommen.

Weider sinn ech och der Meinung, an deemselwechten Zesummenhang, dass déi nächst Chamber sech sollt iwwerleeën, ob et net derwäert ass, net am Kader vun deem Gesetz, mä am Kader vun engem separate Gesetz, déi Suggestiounen opze-gräifen, déi de Conseil d'État gemaach huet iwwert d'Schafe vun Établissements publics communaux. Mä awer dann net nëmme bei den Offices sociaux, mä insgesamt d'Froe vun den Établissements publics communaux. Dat kann an anere Gebidder och ganz interessant sinn. Ech mengen, de Conseil d'État huet do eng relativ einfach Method proposéiert, an et wier derwäert, dass déi nächst Chamber an déi nächst Regierung sech dat géifen ukucken.

Drëttens mengen ech, an deemselwechten Zesummenhang - an dat hunn déi Kollege gesot, déi gemengt hunn, si kéinten en définitive dëse Projet dach net matdroen - wier et och derwäert, dass een d'Propositoun vum Conseil d'État iwwert d'Syndicats de communes nach eng kéier kuckt. Dat ass eppes, wat besteet a fonctionnéiert.

D'Suerg vun onse grénge Kollege war, dass deen heiten Text vläicht fir d'Landgemengen e gréissere Problem duerstellt,

méi wéi dat de Fall ass an de grouse Gemengen. Ech mengen och, et wier derwäert, dass een an enger nächster Etapp, à tête reposée et en toute sérénité, doriwwer nach eng kéier nodenkt. Dat zu deene méi grondsätzleche Saachen.

Dann e puer spezifesch Punkten, wou mir an der Zäitspan, déi mer haten zum Schluss, fir den Text fäerdeg ze maachen, vläicht keng Zäit méi haten, am Detail drop anzegoen. Do kommen ech zréck op den Artikel 6, deen ech schonn erwähnt hunn, an op d'Léisung, déi festgehalen ginn ass am Paragraph 1 an am Paragraph 8.

Wat bestoe bleift, menger Meinung no, ass, dass bei där Transmission de patrimoine eng Transcription cadastrale nach muss gemaach ginn. Dat heescht, de Kadaster muss ëmgeschriwwen ginn, vu dass jo en anere Propriétaire vun deem Patrimoine entsteet. Ech mengen net, dass mer dat an deem Text nach kënnen, dass mer nach iergendeppes solle virhuelen. Ech soe just, et misst een, vu dass et jo eng éischt Liesung ass, sech virun der zweeter Liesung doriwwer nach genee Informatiounen sichen a kucken, ob e Problem ass, wat ech mengen, a wann et e Problem ass, wéi een dat da ka léisen.

Dat Zweet, wat mir schéngt vläicht e Problem kënnen ze stellen, ass bei esou fusionéierte Gemengen, déi also ënner 6.000 Awunner sinn an déi musse fusionéieren, fir en Office social commun ze schafen. Do ass am Paragraph 2 vum Artikel 2 virgesinn, dass deen Office social commun dann ënnert der Surveillance vun der Commune-siège steet. Dat heescht, déi aner Gemengen, déi awer en Deel si vun deem fusionéierten Office, hu mat der Surveillance guer näischt méi ze dinn. Dat schéngt mir och e Problem kënnen ze sinn, an et wier derwäert, dass een dat virun enger zweeter Liesung nach eng kéier géif kucken.

Den nächste Punkt ass een, dee vill diskutéiert ginn ass. Et ass also keen neie Punkt. Dat ass am Artikel 12 d'Incompatibilitéit fir d'Buergermeeschteren an d'Schäffen, fir kënnen am Conseil d'administration vun deem Établissement public ze siégéieren. Ech kann aus eegener Erfahrung soen, dass den Office social vun der Stad Lëtzebuerg schonn en Établissement public ass, säit Jorhonnerten, an dass d'Buergermeeschteren an d'Schäffen dra siégéiert hunn, an dass dat net zum Schued vum Office social war.

Mä wéi gesot, dat ass eng Fro, déi ass laang a breet diskutéiert ginn. D'Majoritéit huet sech festgeluecht op déi dote Formel. Nach sinn ech der Meinung, dass een dat vläicht nach eng kéier misst kucken.

Ech wëll nach dorop hiweisen, dass dee Problem vun de Buergermeeschteren a vun de Schäfte mir och schéngt méi e sensibele Problem ze si fir déi kleng Landgemengen, wéi fir déi grouss Gemengen. Déi grouss Gemengen, déi ginn och mat där doter Formel ouni Weideres eens. Mä ech mengen, an de Landgemengen - an dat war en Argument, wat mer vill an de Kommissiounen héieren hunn - kann dat vläicht zu engem Problem féieren.

Dann den Artikel 13. Dat ass en neie Problem. Den Artikel 13 gesäit vir am éischten Tret, dass, wann et en Office social ass, deen enger eenzelter Gemeng ënnersteet, dann de Gemengerot d'Membere vum Conseil d'administration nennt, an dass déi Nominatioun stattfënnt duerch de Conseil communal, nodeem en Appel public aux candidatures ausgeschriwwen ginn ass, deen op d'mannst 15 Deeg virun der Réunioun vum Conseil communal muss publizéiert sinn.

Verschidde Leit froe sech, ob den Appel public wierklech déi beschte Léisungsméiglechkeet ass, fir zu deenen Nominatiounen ze kommen, well mer wësse jo, wéi et duerno zu den Nominatiounen kënnt bei engem Vote am Conseil communal.

Zweetens schéngt mir den Délai vu 15 Deeg vill ze kuerz. Wann dat do soll uerdentlech gemaach ginn an et soll uerdentlech iwwert d'Bühn goen, da geet deen Délai vu 15 Deeg net duer. Ech weess, dass am Text steet „au moins quinze jours“, mä ech mengen, et misst een do e bësse méi e laangen Délai virgesinn.

En nächste Punkt, do sprangen ech direkt op den Artikel 28: Do hunn ech zwar keng Léisung virzeschloen, mä ech hunn awer Suergen. Do geet et ëm d'Waasser an d'Énergie domestique. Do gëtt geschwat beim Waasser: «la quantité suffisante à de l'eau destinée à la consommation humaine pour ses besoins personnels au niveau de l'alimentation et de l'hygiène».

Bei der Énergie domestique gëtt gesot: «toute forme d'énergie délivrée par un

réseau public ou privé ou par des fournitures d'énergies stockables au domicile de la personne concernée, notamment l'électricité, le gaz, le fuel domestique, le charbon et ses dérivés, le bois ainsi que toute forme d'énergie pouvant être utilisée à des fins domestiques».

Et gëtt keng Referenz gemaach hei op e Règlement grand-ducal. Et weess een net, wat eng Quantité suffisante ass. Ech fäerten, dass déi Dispositiounen zu Problemer an zu Streidereie féieren, dass d'Leit vläicht eppes aneschters dorënner versti wéi dat, wat gemengt ass, an dass duerno d'Offices sociaux sech mussen erëm-schloen, fir ze kucken, do zu Léisungen ze kommen.

D'Offices sociaux hunn elo scho Schwieregkeete mat deenen Dispositiounen, déi mer an den Texter geschriwwen hu vum Gas a vun der Elektrizitéit.

(Interruption)

Jo! Dat do sollt dat jo gutt maachen. Ech froe mech just, ob mer mat Begrëffer wéi „en quantité suffisante“, déi net novollzéibar sinn, also déi net exakt quantifiable sinn, do net a Schwieregkeete kommen.

Beim Mindestloun oder, loosse mer soen, beim RMG ass de Montant prezis, bekannt a quantifiable. Bei enger Liwwerung vun „accès à de l'eau pour ses besoins personnels en quantité suffisante“ gesinn ech eng Marge d'appréciation, déi kann zu Schwieregkeete féieren.

Vläicht iren ech mech, an ech hoffen et, mä vläicht ass dat och eppes, wou een an Zukunft eng kéier, och opgrond vläicht vun der Erfahrung, déi mer mat der Applikatioun vun deem Text kréien, sollt dorop zréckkommen.

Dann, Här President, e Wuert zum Artikel 31. Do geet et ëm d'Restitution de l'aide fournie. Do ass d'Kommissioun higaangen an huet aus enger Obligatioun eng Facultéit gemaach. Den Office social ka reklaméieren, dass déi Ënnerstëtzung, déi en engem gewährt huet, zréckbezuelt gëtt, wann an där Period, wou déi Persoun dovou bénéficiéiert huet, se Ressourcë kritt huet aus iergendenger Ursach, déi am Fong d'Aide als net méi noutwendeg erweisen hätt.

Et gëtt ähnlech Bestëmmungen beim Fonds national de solidarité. Mä de Fonds national de solidarité huet d'Possibilitéit, ze vérifiéieren, weinstens bei de Steieren, wéi d'Situation de fortune vun enger Persoun ass. D'Offices sociaux hunn dat net. An et kann ee jo och kaum unhuelen, dass een, deen en Héritage gemaach huet oder an der Lotterie gewonnen huet, da bei den Office social kënnt a seet: „Ech hunn elo vun lech Hëllef kritt, ech kommen lech dat gär erëmbezuelen.“ Also, dat do gëtt eng Bestëmmung, déi fir d'Offices sociaux e bësse schwiereg ze applizéieren ass. Och do muss ee vläicht kucken, wéi d'Erfahrung sech entwéckelt an ob een do vläicht enges Daags muss nobesseren.

Dann ee Wuert zu den Dispositions transitoires. Den Artikel 34 gesäit vir: «Les fonctionnaires, employés communaux, employés privés et ouvriers de l'office social sont pris en charge par l'office qui le remplace.» An da gëtt gesot, dass se hire Statut, hire Rang an esou weider behalen. Or, a verschiddene grouse Gemenge sinn d'Leit, déi sech ëm den Office social këmmen, Fonctionnaires communaux net vum Office social, mä vun der Gemeng. Duerfir froen ech mech, ob de Saz vum Artikel 34 duergeet, fir deene Problemer bäizekommen.

Schliesslech, Här President, an dat ass mäi leschte Problem, dat ass den Artikel 38. Den Datum vun der Entrée en vigueur ass schonn eng kéier geännert ginn, an deen Datum ass zréckverluecht ginn op den 1. Januar 2010. Or, wa mer elo eréischt zu engem éischte Vote kommen a wann déi nächst Chamber muss den zweete Vote maachen, froen ech mech wierklech, ob dann den Datum vum 1. Januar 2010 nach ze halen ass.

Besonnesch am Zesummenhang mat der Fusioon vun deenen Offices sociaux, déi muss ënnert de Gemengen diskutéiert an duerchgesat ginn. Et bleiwen am Fong dräi Méint dann am Joer 2009. Do froen ech mech wierklech, ob et dann nach duergeet. Ech mengen net, dass mer haut nach sollen hei eppes dorun änneren. Mä ech mengen, wann den Text erëmkennt, ass dat sécherlech eng lwwerleung, déi muss ugestallt ginn.

Här President, dat waren déi puer Punkten, déi ech hei wollt opwerfen. Ech hu virdu scho gesot, dass mer géifen dee Projet stëmmen. Meng Bemierkunge waren am Fong nëmmen eng Indikatioun, wat ee vläicht nach muss an Zukunft maachen, fir

en Text ze kréien, wou een net onnéidegerweis an deen een oder an deen anere Problem fällt.

Ech wéilt hei nëmmen nach eng Kéier soen, dass ons Fraktioun wäert dee Projet de loi stëmmen.

Ech soen lech Merci.

►►► **Plusieurs voix.**- Très bien!

►►► **M. le Président.**- Ech soen der Madame Flesch Merci. Als nächst Riednerin ass d'Madame Vera Spautz agedroen. Madame Spautz, Dir hutt d'Wuert.

►►► **Mme Vera Spautz (LSAP).**- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir stëmmen haut an engem éischte Vote iwwer e Projet of, dee fir eng grouss Unzuel vu Leit eng wichteg Bedeitung huet: d'Reform vum Office social oder der Aide sociale.

Wéi esou oft bei grousser Gesetzesännerungen a wéi et och schonn hei gesot ginn ass, ass och hei iwwert dës Gesetzeprojet laang, kontrovers an oft zimlech hefteg an den zoustänneg Chamberskommissionen an awer och op villen anere Plazen an an anere Gremien diskutéiert ginn.

Dës Gesetzeprojet iwwert d'Aide sociale ass dann och e Kompromëss vu villen ënnerschiddleche Meenungen an Approchë vun der Sozialpolitik hei zu Lëtzebuerg. An der Familljen- an Intérieurskommission ware mer eis awer bal allegueren eens, dass mer dës Projet elo nach virun de Wahlen déi éischte Kéier an d'Chamber bréngen, an dës ganz besonnesch um Hannergrond vun der aktueller Kris, déi och elo hei zu Lëtzebuerg ukomm ass.

Mat dësem Projet setze mer e politesch Signal, woubäi ech betounen wëll, dass d'Reform vun der Aide sociale haut net eleng weinst der Kris op der Dagesuerdung steet. Dës Reform ass scho ganz laang iwwerfällg.

Ech wëll och net op alleguer d'Ännerungen agoen, déi gemaach gi sinn am positiven oder am negative Sënn. Eng ganz Rei Kolleeginnen a Kolleegen hunn dat scho viru mir gemaach.

Fir mech ass awer ee vun den allerwichtigsten Punkten an deem Gesetz d'Recht op Sozialhëllef. Et ass schonn iergendwéi paradox, dass mir an engem Land, wat iwwer eng dach zimlech ausgeprägte Sozialgesetzgebung verfügt a sech als een, wann net dee Sozialstat gesäit, awer trotzdem grouss Mängel hu bei der Bekämpfung vun Aarmut a soziale Benodeelegungen.

Dës Gesetzeprojet gesäit dann och vir, dass all d'Bierger e Recht hunn op Grundversuergung, dat heescht Gesondheetsversuergung, lessen, Kleeder, Wunnen, Mobilitéit, Energie a Waasserversuergung.

Et muss ee sech awer parallel dozou och d'Fro stellen, oder verschidde Gemengen hei am Land mussen sech d'Fro gefale loossen, firwat si net schonn, ier dës Gesetz elo soll gestëmmt ginn, an hire Gemengen aktiv a preventiv virgaange sinn.

Sou schreift d'ANASIG, d'Association nationale des assistants sociales, an hirem Avis iwwert dës Projet de loi: «Le projet de loi mettra ainsi fin à l'inégalité de traitement entre les personnes résidant dans une commune soucieuse de développer une politique d'aide sociale et celles résidant dans une commune sans vision quant aux mesures sociales.»

An d'Commission consultative des droits de l'Homme schreift an hirem Avis: «L'existence d'un droit et l'accès à un droit sont deux choses bien différentes. Jusque-là, le Luxembourg ne connaissait pas le droit à l'aide sociale, mais la pratique de certains Offices sociaux permettait un accès rapide, efficace et non bureaucratique à des secours financiers ou autres. Ainsi est-il pratique courante à la Ville de Luxembourg et à Esch-sur-Alzette que des secours financiers sont accordés dans deux, trois jours.»

A weider schreift d'Kommission: «...qu'elle ne peut que saluer la création d'Offices sociaux dans les communes qui n'en avaient pas jusque-là».

D'Gemeng Lëtzebuerg an och d'Gemeng Esch hunn dann an der Vergaangenheet méi wéi eng Kéier ze héiere kritt, dass déi zwou gréisst Gemengen am Land dofir do wäeren, sech ëm d'Sozialpolitik ze bekëmmern, an deenen anere Gemenge géif et keng esou Problemer ginn, oder si wäeren net esou grave. Et ass awer och eng Tatsaach, dass eng Rei Awunner aus anere Gemengen, wou et keen Office social oder keng Antenn vun der Croix-Rouge gëtt, sech einfach net trauen, bei hire Buerger-

meeschter ze goen oder hir Buergermeeschtesch, fir ëm Hëllef ze froen. Déi eng sinn an der Vergaangenheet zimlech paternalistesche mat den Ufroen vun de Leit ëmgaangen oder hunn déi sougenannten Almospolitik bedriwwen. Anerer haten oder wollte ganz einfach keng Léisung fanne fir de Leit hire Problem.

Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll op e weidere Punkt vun dem Projet de loi agoen. Wéi scho gesot, funktionéieren d'Gemenge Lëtzebuerg an Esch mat eegenen Offices sociaux. Derniewent gëtt et awer nach d'Croix-Rouge oder d'Ligue, déi zum Beispill zu Esch an enger Konvention mat der Sozialarbecht um Terrain agebonne sinn. An et gëtt déi Servicer och op ënnerschiddlechen anere Plazen, wou si fir méi Gemenge Permanencë maachen oder gemaach hu bis elo.

An där ursprünnglecher Fassung vun dësem Projet de loi haten d'Auteurs - de Ministère de la Famille an de Ministère de l'intérieur - dann och virgesinn, nëmmen een Assistant social respektiv een Assistant d'hygiène sociale pro 10.000 Awunner ze bezuelen. Op Drock vun der LSAP an dem Syvicol ass dës Chiffer awer op 6.000 Awunner erofgesat ginn, well et soss net méiglech gewiescht wär, eng seriö Sozialarbecht ze realiséieren.

Ausserdeem gëtt et opgrond vun den Ennerschiddlechkeeten an de soziale Gegebenheeten an der Gemeng - a mir hu ganz oft dat Beispill an der Kommission genannt Nidderaanwen, déi anscheinend ee Sozialfall hunn, par rapport zu Esch oder der Stad -, do geet et scho bal an deene grouss Gemenge mat engem Posten Assistant social op 6.000 Awunner net méi duer, fir anstänneg Suivi de de Clienten am Office social ze maachen.

Als Beispill wéilt ech grad just den Escher Office social nennen. 2007 hate mir um Escher Office social 1.160 Clientë mat ongeféier 4.000 Visiten. 2008 waren et schonn 1.213 Clientë mat 4.422 Visiten. An 2009 sinn et der op den Dag vun haut, a mir sinn nach net an der Halschent vum Joer ukomm - mir sinn Ufank Mee -, 737 Clientë mat 1.898 Visiten, an dat wäert haut voll gi mat 2.000 Visiten. Mir sinn nach net an der Halschent vum Joer, an ech nennen hei net déi Chiffere vun deene Clienten, déi derniewent nach behandelt gi vun der Croix-Rouge oder der Ligue an där Konvention, wou mer dra sinn, déi zousätzlech nach derbäikommen.

Dës Zuele sinn, mengen ech, Bewäis genuch dofir, wéi wichteg d'Reform vum Office social oder vun der Aide sociale ass. Et geet hei och virun allem dorën, dass all Gemeng endlech hir Verantwortung iwwerhëlt.

Eng weider absolut Noutwendegkeet an iwwerfällg Reform ass déi vun dem Domicile de secours aus dem Joer 1897, op deen ech net méi wäert agoen.

Kolleeginnen a Kolleegen, mir haten an deenen zwou Kommissionen scho bal eng leidlech Diskussioun iwwert d'Autonomie vun de Gemengen, dës am Zesammenhang mat dem Statut, deen déi nei oder och déi nei al Servicer kréie sollen. Ech wäert net am Detail dorop agoen. Mäi Kolleeg, de Jean-Pierre Klein, wäert dat maachen.

Mir hu laang awer doriwwer debattéiert, wéi den Organisationsstatut vun de Gemengen ënner 6.000 Awunner soll sinn, ob et en Établissement public oder e Gemeengesyndikat soll sinn, wou déi méi kleng Gemenge sech sollen zesummeschléissen, a wéi den Émgang soll si mat bestehende Servicer wéi dem Centre médico-social, der Ligue oder der Croix-Rouge an aneren.

(*Interruption*)

Och wann ech vereenzelt Argumenter vun de Kolleeginnen a Kolleegen an de Gemenge verstinn, an ech huelen elo emol - den Här Gira ass net heibannen, leider - d'Beispill vum Här Gira an der Gemeng Biekerech ervir, esou wëll ech awer wierklech emol ënnersträichen a betounen, dass d'Sozialpolitik vun enger Gemeng, egal wéi grouss oder kleng se ass, dach net vun dësem Gesetz hei ofhängeg ass.

D'Sozialpolitik gëtt dach net eleng vum Office social gemaach. Si sinn déi, déi um Schluss vun där ganzer Kette stinn, a ganz oft, wa virdrun alles versot huet.

A wou steet dann, dass d'Gemenge bis elo net hunn däreren en eegenen Office social aféieren oder en Assistant social oder eng Assistante sociale astellen?

D'Gemengenautonomie huet dat nach ëmmer erlaabt, och an der Vergaangenheet. Et gëtt Südgemengen, déi hunn en Émweltamt geschafen, do hate mer emol nach guer keen Émweltministère hei zu Lëtzebuerg.

D'Gemeng Esch huet als éischt vum Land niewent dem Office social e Service du développement social geschafe viru sechs Joer. Oder, fir nach eng Kéier op d'Gemeng Biekerech zrëckzekommen: Do ass e Chancëgläichheitsservice oder en Genderhaus an där Gemeng geschafe ginn, obwuel keng 6.000 Awunner an där Gemeng sinn, mä well de politesche Wëlle vun dem Här Gira dozou bestanen huet.

Ouni Problemer hätten déi Gemengen och kënnen am Beräich vun der Sozialpolitik aktiv ginn an en Office social aféieren oder wéi gesot en Assistant social astellen. Keen huet hinnen dat bis haut verbueden.

Ech fokusséiere mech elo op den Här Gira, obwuel en net heibannen ass, well e Member an där Kommission ass an un den Diskussiounen vun dësem Projet hei bedeelegt war. Mä meng Kritik adresséiert sech an deem Beräich do och un aner Gemengemammen an -pappen, déi anere Parteien ugehéieren, sougutt deene vun der DP, vun der CSV an och vu menger eegener Partei.

(*Interruption*)

Et ass a bleift d'Thema vun de politesche Prioritéiten, déi ee sech an enger Gemeng setze wëllt.

Ech wëll och op den Débat iwwert d'Aarmut zu Lëtzebuerg zrëckkommen, dee mer den 1. Februar 2007 hei an der Chamber haten.

Kolleeginnen a Kolleegen, zu deem Zäitpunkt deemools wouss nach keen heibannen, dass mer et annerhaleft Joer duerno mat enger Wirtschafts- a Finanzkris ze di géife kréien, vun där mir elo nach ëmmer net d'Auswierkunge kennen.

Mir hunn awer schonn deemools beim Débat iwwert d'Aarmut zu Lëtzebuerg festgestallt, dass scho virun där Kris eng ganz Rei Leit sozial benodeelegt sinn a waren an och deemools schonn duerch verschidde Rastere gefall sinn, wou Gesetzer net méi gegraff hunn.

Den Aarmutrisiko, deen 2003 hei zu Lëtzebuerg bei 11,5% louch, ass 2005 op 13% geklommen. Wéi ass en elo? Wéi vill Leit falen elo duerch a wäerten nach duerch all Raster falen?

(*Brouhaha général*)

Et interesséiert vläicht net jiddwereen deen Débat, awer...

(*Coups de cloche de la Présidence*)

►►► **M. le Président.**- Wann ech gelift, ech mengen, et ass ee wichtige Projet de loi. Ech géif lech wierklech bidden, e bësselche méi opzepassen!

►►► **Mme Vera Spautz (LSAP).**- ...an deem Débat ass natierlech och vun der Reform vum Office social geschwat ginn, an dass se sollt séier kommen.

Mä Kolleeginnen a Kolleegen, wéi schonns gesot, mir däreren net de Feeler maachen an dovunner ausgoen, dass mat dësem Gesetz an Zukunft all eis Problemer geléist wieren. Ech hunn hei vun dëser Plaz aus schonns e puermol gesot, dass et wichteg wier, verschidden Themen an Diskussiounen vernetzt ze féieren. D'Thema Aarmut, Précaritéit, soziale Fortschrëtt a sozial Gerechtegkeet fuerderen e vernetzt Denken an Handeln. Well si betreffe Politikfelder wéi de Chômage, Iwwerverschëldung, Wunnengspolitik a Wunnengsnout, Steieren- an Taxëpolitik, Bildungs- a Schoulpolitik, Familljepolitik a viles méi.

An deem Gesetzeprojet iwwert d'Aide sociale steet zum Beispill och dran, dass et an Zukunft e Recht op Wunne gëtt. Meng Kolleegin, d'Madame Flesch, ass schonn dorop agaangen.

Ech wëll hei just nach eng Kéier un déi heroesch Diskussiounen erënneren, déi mir am Zesammenhang mat dem Pacte Logement heibanne gefouert hunn an an de Kommissionen gefouert hunn. An dës ganz spezifesch ronderëm déi 10%-Klausel, an där virgesinn ass, dass bei groussen zukünftege Bauprojeten 10% fir de soziale Wunnengsbau mussen virgesi sinn.

Nodeems dat neit Mietsgesetz jo net dat bréngt, wat de Wunnengsminister de Leit versprach huet, spëtzt sech d'Situatioun bei de Mietwunnengen weider zou. Et gëtt der net genuch a si sinn ze deier. D'Zuele schwätzen eng kloer Sprooch, och wa se ni ganz aktuell sinn. Esou steet am Rapport d'activité vum Ministère du Logement aus dem Joer 2008, dass d'Präisser vun de Loyere fir d'Haiser 2008 zwar stabil bliwwen sinn, fir d'Appartements si se op ee Joer gekuckt nach ëm 1,4% an d'Luucht gaangen.

Elo schonn ass et extrem schwéier, mat ronn 1.200 Euro RMG, 1.500 Euro Mindestrent oder 1.700 Euro Mindestloun e würdegt

Ennerdaach ze fannen. Wann ee weess, dass d'Wohnungsbedarfsprognos, déi de Ministère du Logement an Opdrag ginn hat, an enger vun hire Konklusione schreift, dass Lëtzebuerg bis d'Joer 2021 ronn 69.000 Wunnengen méi brauch - dat sinn der 3.400 pro Joer -, da froen ech mech net nëmmen, wou all déi Leit solle wunne goen, mä ech froe mech och, wéi hirem neie Recht op Wunne soll an Zukunft iwwerhaupt Rechnung gedroe ginn.

Elo schonn hëlt d'Zuel vun de Leit, déi a Cafészëmmeren mussen wunne goen, ëmmer méi zou fir deier Suen, wou Leit e Schwaarzmaart niewendru bedriewen op d'Käschte vun aarme Leit. Dat heescht, niewent deem normale Wunnengsmaat gëtt et en aneren, en zweeten, dee sech ëmmer méi entwéckelt, a wou d'Leit, Famillje mat Kanner, oft ënner mënschenonwürdege Bedéngunge liewe mussen. An och dat ass eng Realitéit, mat där mer als Gemenge gefuerdert sinn. A mir an de Gemenge mussen drop reagéieren. Awer net nëmme mir!

Dës ass och d'Schold vun enger total weltfriemer Wunnengspolitik oder -loosse mer soen - landesfriemer Wunnengspolitik, déi leider vum zoustänneg Minister an de leschte Jorzéngte gemaach ginn ass. De Ball läit net eleng bei de Gemengen. Och um nationale Plang mussen preventiv Moossnamen dës Projet de loi begleeden.

Verschidde Gemengen hunn awer schonns Initiativen a Moossnamen an d'Weeër geleet. Um lokale Plang ass et méiglech, wann een dat dann och wëllt, op ënnerschiddlechen Niveauen Projeten ze entwéckelen, déi engersäits preventiv sinn an anerersäits Leit hëllefen, déi aus hirer Nout net méi eleng erauskommen.

Beim Débat iwwert d'Aarmut hate mer heibannen och schonn d'Diskussioun driwwer. Ech wëll der zwee nennen. D'Gemenge kënnen zum Beispill am Beräich vum soziale Wunnengsbau ganz dättelech Akzenter setzen. Si kënnen Projete mat dem Fonds du Logement zesumme realiséieren, mä si kënnen och selwer nach Gemengewunnengen oder Haiser fir hir eege sozial benodeelegt Bierger zur Verfügung stellen oder se verlounen, esou wéi d'Stad Lëtzebuerg an d'Stad Esch et mécht.

D'Gemenge sollte Konventionen mat Organisationsen ofschléissen, wéi zum Beispill der Stëmm vun der Strooss, der Jugend- an Drogenhëllef, dem Réseau Psy, Nuetsfoyeren oder anerer, fir deene Wunnengen zur Verfügung ze stellen, wou déi Organisationsen kënnen hir Leit oder hir Clienten drasetzen an déi dann och an hirem Alldag begleeden oder de Suivi maachen.

Dat geet alles. Et si kleng Schrëtt, mä si hëllefe vill. Um private Wunnengsmaat hunn déi Organisationsen keng Chance, dezente Wunnraum zu abordabele Präisser a Loyerer ze fanne fir hir Leit.

Aarmut, Précaritéit, sozial Benodeelegung an Isolatioun sinn Themen, mat deene mir eis permanent beschäftege mussen; net nëmmen elo an der Kris an net nëmme bei der Diskussioun ëm dës Projet de loi.

An dem Rapport vun der Stëmm vun der Strooss, deem leschten, ass geschriwwen, dass si dee leschte Wanter, 2008/2009, 37.094 lessen an defavoriséiert Leit verdeelt hunn an hiren Antennen hei an der Stad an zu Esch. Hei an der Stad sinn 977 Persounen bei hinne passéiert; zu Esch waren et der 697 am Wanter. Zu Esch si 15,2% manner wéi 25 Joer al. D'Stëmm vun der Strooss huet 65 Nationalitéite betreit. Dovunner waren awer ëmmerhin nach 42% Lëtzebuerger.

An ech wëll op eng weider bedenklech Situatioun agoen. Am leschte Comité de conjuncture vum 22. Abrëll dës Joer sinn déi nei Zuele vun de Chômeuren presentéiert ginn. Et sinn der 12.860; dat mécht 5,5%. A wa mir déi Leit dann nach mat bäiziele, déi an enger Mesure pour l'emploi dra sinn, da sinn et insgesamt 15.840 Leit mat engem Taux vu 6,8%, déi am Chômage sinn.

Enn Mäerz hu vun deene Leit 6.514 eng komplett Chômage-Indemnitéit kritt; dat heescht, 80% vun hirem leschte Gehalt. Wéi gesot, nëmme 6.514 Leit hunn eng Chômage-Indemnitéit kritt, an net, wéi oft geduecht gëtt, allegueren d'Chômeuren kréien déi. Par rapport zum Mount Mäerz

vum leschte Joer ass dat eng Steigerung vum Chômage vun 38,2%.

Wat d’Kuerzaarbecht betrëfft, sinn et 9.992, also bal 10.000, Persounen, déi kuerz schaffe mussen, vun am Ganze 16.700 Persounen aus de betraffene Betriber. Och déi kréien nëmmen 80%, ausser si huelen un enger Formatioun deel, da ginn et 90%.

Kolleeginnen a Kolleegeen, och dat ass eng batter Realitéit, mat där mer konfrontéiert sinn, an déi sech, souwäit et elo ausgesäit, an deenen nächste Méint nach wäert zouspëtzen. Dat si Mënschen, Mammen, Pappen, Kanner, fir déi mir als Politiker eng Verantwortung hunn, an dat iwwer all Partei-grenzen ewech, zesumme mat de gesell-schaftleche Kräfte an de Sozialpartner.

Kolleeginnen a Kolleegeen, et wier nach esou munches iwwert dëse Projet de loi vun der Aide sociale ze soen, an et kéint ee selbstverständlech och nach déi eng oder aner Verbesserung drabrénge. D’Diskus-siounen iwwert d’Form vun deenen neien Offices sociaux, ob Syndicat intercommunal oder Établissement public oder wéi och ëmmer, sinn och net definitiv ofgeschloss a wäerten an anere Gremië weidergoen. Den definitive Vote zu dësem Gesetz wäert eréischt am Hierscht oder um Enn vum Joer stattfannen.

D’Preparatiounen, fir dëst Gesetz am nächste Joer ëmzesetzen, lafen awer schonns. An dat ass och gutt esou. Mä et ass a bleift eng Tatsaach, dass mer esou séier wéi méiglech reagiere mussen op d’Krisensituatioun, wou mer elo dra sinn, an op dat, wat nach op eis zoukënnt.

Ech mengen, mat engem Gesetz iwwert d’Reform vun der Aide sociale an engem neie Recht op Hëllef ass en éischte positive Schrëtt gemaach ginn elo. Jiddwereen, all Gemeng am Land, muss seng Verant-wortung iwwerhuelen, fir de Leit, déi beträff sinn, hiert zukünftegt Recht op Sozialhëllef ze garantéieren.

Kolleeginnen a Kolleegeen, d’nächst Joer, 2010, ass dat europäescht Joer vun der Aarmut. Ech hoffen, dass et net e Joer vun Aarmut gëtt am wirkleche Sënn vum Wuert. Mir sollten esou séier wéi méiglech all Mesuren ënnerhuelen, fir de Leit, déi duerch dës Kris onverschëllt an eng prekär Situatioun geroden, séier an effikass Hëllef zoukommen ze loossen.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegeen, zum Schluss wëll ech der Rapportrice vum Gesetz, der Madame Sylvie Andrich-Duval, Merci soe fir hire schrëftlechen a mënd-leche Rapport. E Merci och un all déi Leit, Organisatiounen a Chamberen, déi mat hirem Avis zu dësem Projet de loi mat bäi-gedroen hunn, dass en an engem méi posi-tive Sënn konnt verännert a verbessert ginn.

Perséinlech läit mer awer um Häerz, am Numm fir all d’Beamte vun de Ministère, an ech mengen, ech kann dat awer och fir alle-guerten d’Membere vun deenen zwou Kom-missioune maachen, dem Här Claude Vandivinit fir säi groussen Engagement, seng Gedold a seng Rou, déi hie mat eis hat a munch heftege Sitzungen, e grouse Merci ze soen.

» **Une voix.** - Très bien!

» **Mme Vera Spautz (LSAP).** - Hien ass aus gesondheetleche Grënn leider net méi an der Schlussphas bei den Diskussiounen elo derbäi gewiescht. Mir wëllen him, mengen ech, am Numm vun lech all, vun hei aus alles Guddes fir seng Zukunft wënschen.

Ech gi selbstverständlech och den Accord vu menger Fraktioun fir dëse Projet de loi.

Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Ech soen der Madame Vera Spautz Merci. Als nächst Riednerin ass d’Madame Viviane Loschetter agedroen. Madame Loschetter, Dir hutt d’Wuert.

» **Mme Viviane Loschetter (DÉI GRÉNG).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, fir iwwert d’Aide sociale an iwwert d’Aarmut zu Lëtzebuerg ze schwätzen, géif et wahrscheinlech mat engem Modell 2 guer net hei duergoen.

Duerfir erlaabt mir, mech op e puer prin-zipiell Remarquen ze limitéieren, wat dëse Projet de loi ubelaangt.

Déi gréng Fraktioun huet - an dat ass schonn hei ugeklongen - méi wéi ge-mëschte Gefiller bei dësem Projet de loi. Dee Projet, dee mir elo solle stëmmen, ass mat Sécherheet eng Politik, déi absolut muss um legislative Plang frësch iwwer-duecht ginn. An am Rapport schreift och d’Madame Rapportrice, där ech iwwregens e ganz décke Merci ausriichte fir hire schrëftleche Rapport, awer och elo fir hire mëndleche Rapport, op eng dach awer llicht naiv Manéier an engem Saz, datt dëse Projet de loi als Zil huet, de System vun der Protection sociale ze moderniséieren.

Ech denken, d’Madame Andrich gëtt mir och Recht, wann ech soen, datt een en Arrêté royal-grand-ducal aus dem Joer 1846 an e Gesetz aus dem Joer 1897 wuel guer net méi ka moderniséieren. Mir sinn éischer der Meinung, datt mer iwwerhaapt mussen e Vide, dee säit Joren, voire Jorzéngte besteet, mat Inhalt fëllen.

Et geet also an dësem Projet de loi drëms, fir iwwerhaapt emol eng Sozialpolitik um Gemengenniveau ze definéieren, d’Re-latioun tëschent de Gemengen an dem Stat festzehalen an d’Missioun vu jiddwer-engem dodra kloerzestellen. Et geet awer och drëms, fir ze definéieren, wat iwwer-haapt Aide sociale ass a wéini een dann och Urecht huet op d’Aide sociale.

(**Mme Colette Flesch prend la Prési-dence**)

Am Rapport gëtt och zouginn, datt onse System zu Lëtzebuerg, eent vun de räichste Länner an der Europäescher Unioun an do-riwwer eraus, en archaesche System ass. «Il est plus que temps de mettre notre dispositif législatif au diapason avec les réalités sociales», schreift d’Rapportrice. An deem stëmme mer zu 101% zou a froen ons eigentlech, firwat dëst net scho laang eng Prioritéit war vun der jorzéngtenaler CSV-Sozial- a Familjepolitik.

Mir verstinn och duerfir net, Madame Presi-dentin, Dir Dammen an Dir Hären, firwat eréischt am Joer 2008 e Projet de loi dépo-séiert ginn ass. Mir Gréng op alle Fall fillen ons onwuel, e wichtige an noutwendige Projet de loi elo dach awer hallefhäerzeg an engem éischte Vote ze stëmmen, obwuel mer - an ech kommen herno nach drop zrëck - eng konsistent Opposition formelle vum Statsrot nach ëmmer virleien hunn. Esou eng Virgoensweis fanne mir e bëssen onwürdeg fir esou e wichtige Projet.

Mir waren ons och alleguerte queesch duerch d’Fraktiounen eens, datt dëse Worf vun haut net dee beschten ass an och net deen definitiven ass. Jo, ech denken...

(**Interruption**)

An der Kommissioun ware mer ons alle-guerten eens, queesch duerch d’Fraktiounen - ech widerhuelen nach eng Kéier -, datt dee Projet de loi, deen haut gestëmmt gëtt, net vläicht elo dee beschten ass an op alle Fall net deen definitiven ass, an datt mer wäerte missen an engem zweete Vote, sou-wisou schonn duerch d’Opposition formelle, nach eng Kéier an d’Chamber kommen, an datt mer da sollen...

(**Interruption**)

...vun där Geleeënheet profitéieren, fir vläicht déi eng oder déi aner Saach nach heidran ze verfeinere. An ech denken, datt meng Virriedner a Virriednerinnen, och vun de Majoritéitsparteien, dat och schonn hei gesot hunn. Déi eng wëllen e bësse méi, déi aner e bësse manner nach dra ver-feinere.

Natierlech ass et dann och delikat, wann ee muss engersäits soen, datt mir dës Légis-latioun onbedéngt esou séier wéi méiglech brauchen; an net wéinst der Wirtschaftskris. Well ech denken, datt dat Argument vun der Wirtschaftskris eigentlech keent dierft sinn, fir eng Aide sociale ze institutionaliséieren an ze regléieren hei an dësem Land, op Ge-mengenniveau.

Mir brauchen et also esou séier wéi méig-lech, a mir wëllen och net de Bremser sinn. Mä et ass gradesou respektlos virun all deene Concernéierte vun der Aide sociale, engersäits déi, déi dra schaffen, an aner-ersäits och déi, déi dovunner Gebrauch maa-chen, wann een eng Saach produziéiert, déi net fäerdeg ficeléiert ass, well ee sech awer net déi noutwendeg Zäit nach duerfir wollt ginn. A wann ech schwätze vun noutwen-deger Zäit, da schwätzen ech net vu Joren, mä vu vläicht e puer Méint. Déi hätte kënnen wahrscheinlech dëse Projet de loi...

» **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l’Intégration.** - Madame Loschetter, dee Projet war anner-halleft Joer an der Aarbecht. Wann en dann

nach net fäerdeg ass, da froen ech mech, ob et wirklech doru geleeën huet.

» **Mme Viviane Loschetter (DÉI GRÉNG).** - Ech kommen nach drop zrëck. De Projet de loi ass virun engem Joer dépo-séiert ginn.

» **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l’Intégration.** - Am Januar 2008.

» **Mme Viviane Loschetter (DÉI GRÉNG).** - Genau, virun engem Joer.

» **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l’Intégration.** - Dat ass annerhalleft Joer.

» **Mme Viviane Loschetter (DÉI GRÉNG).** - Jo. En ass substanzéiell jo och scho geännert ginn. En ass och zweemol duerch de Conseil d’État gaangen.

Et bleiwen nach eng Rutsch Froen onbe-äntwert. Ech denken, dat ass och schonn hei gesot ginn. An dofir denke mir, datt mer déi noutwendeg Zäit ons nach hätte kënnen huelen, fir och déi do Äntwerten ze ginn.

Mir sinn och der Iwwerzeegung, datt d’Ministesche an hir Regierung kee Kreepchen hannert dëse Projet de loi kënnemaachen; e Kreepchen, deen heescht: ofgehaakt. Mir sinn der Meinung, datt hei d’Missioun vun der Regierung net accom-plie ass.

Dëst zu der Virgoensweis vun den Aar-bechte vun dësem Projet de loi. An elo nach kuerz e puer Wuert zum Inhalt.

E wichtige Akzent ass an der Sozialpolitik gesat gi mat dësem Projet de loi, well elo all Bierger an all Biergerin e Recht kritt op Sozialhëllef. Dat ass vu jiddwerengem scho gesot ginn an dat wëll ech och am Numm vun der grénger Fraktioun hei nach eng Kéier ënnersträichen. Dat ass eng Ap-proche, déi aner Länner, notamment och d’Nopeschlänner, schonn ageholl hunn, an déi mir och elo hei zu Lëtzebuerg kréien.

Dës Approche definéiert dann och déi ganz Philosophie vun deem Projet de loi. D’Defi-nitioun vun Aarmut kritt doduerch eng realpolitesche Nues. Aarm ass net méi eleng den Heeschemann oder den Obdaach-losen. Aarm oder gefährdet sinn haut: Kanner, notament aus monoparentale Familijen; Kanner, déi keen Zougank zur Kultur hunn; Kanner, déi keng uerdentlech Ernährung hunn an déi sech schonn an hirem klengen Alter hir Gesondheet definitiv beschiedegen. Aarm sinn déi, déi aus der Gesellschaft ausgeschloss sinn oder ginn, well hir Reaktioun dorop fir si oder fir anerer geféierlech ka ginn.

Duerfir gesi mir och an de Missiounen vun deem neien Office social eng ganz kloer preventiv Missioun. D’Politique sociale an d’Politique sociétale, d’Gesellschaftspolitik, ginn do Hand an Hand. Et ass ze verstoen, denken ech, als eng éducativ a peda-gogesch Measure, fir ze verhënnere, datt e Bierger oder eng Biergerin ausgeschloss gëtt an duerno ausgeschloss ass vun enger Gesellschaft.

Mir hunn haut Méiglechkeeten, op Analysen a Recherchen zrëckzegräifen, déi ons Unhaltspunkte ginn iwwert d’Aarmut an enger Gesellschaft respektiv iwwert d’Aarmut vun enger Gesellschaft. Mir hunn haut e professionnelle Réseau vun Institutiounen, déi am soziale Secteur schaffen, a brau-chen eigentlech net méi op déi chrëscht-lech Nächstelëift vun den Uerdens-schwëstereen zrëckzegräifen.

A mir hunn haut Gemengen, deenen hir Missioun wäit iwwert d’Mole vun Zebrasträi-fen op der Strooss erausgeet. D’Gemenge sinn déi, wéi et gutt am Rapport be-schriwwen ass, déi déi Instanz duerstellen, déi am nooste beim Bierger a bei der Biergerin ass, déi d’Kanner praktesch alleguerte kennen, well se do an d’Schoul ginn.

An dëst sinn, Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, an onsen Aen déi wichteg Instanzen, déi sech esou matenee mussen organiséieren, datt d’sozial Hëllef-stellung do ukënn, wou se muss a mat der noutwendeger Urgence, déi oft gefuerdert gëtt. Um Stat, un der Regierung ass et, de Relais tëscht de Gemengen, de Sozialinstitutiounen an den Erkenntnisser esou ze gestalten, datt et fonctionnéiert. An dës Philosophie gehéiert dann och e kloren Transfert vun de reng finanziellen Hëllef-stellungen eriwuer op Dénagschtleesch-tungen, professionnelle Suivi, materiell Leeschtungen an esou weider.

Dës Mesurë sinn alleguerten am Projet de loi virgesinn. Mir fannen dat gutt, mir fannen dat wichteg a mir fannen dat noutwendeg. Mir hätten et och begréisst, wann den Term „Office social“ duerch méi e flotten, vläicht

positiven Term ersat gi wär, wéi „Maison des citoyens“ oder „Biergerhaus“ oder „en Haus fir jiddereen“, wou och eng Persoun, déi an akute Schwieriegkeeten ass, sech nach zougehéiereg fillt. D’Zäite vum Aarmebüro, wéi den Office social oft genannt ginn ass, sinn definitiv eriwuer.

Mir hunn och ons grouss Bedenke par rapport zu deene Persounen, déi net kënnen déi Hëllefstellung beim neien Office social fannen, virun allem déi auslännesch Schüler, Schülerinnen, Studenten a Studen-tinnen. Dat fanne mir net zäitgeméiss an och net ubruecht, an Zäiten, wou mer notament wëllen ons Uni promouvéieren a wëssen, wiwiv Studentinnen a Studenten et schwéier hunn, sech finanziell duerch-zeschloen, trotz verschiddene Méiglech-keeten an anere Gesetzer. D’autant plus, datt ons Législatioun fir e Studentenjob nach ëmmer an onsen Aen zumindest zimlech restriktiv ass. Verschidde Studenten a Studentinne mussen munchmol op traureg Aktiounen zrëckgräifen, fir notamment hire Loyer ze bezuelen.

Mir kënnen ons och absolut net - an et ass scho vu menge Virgänger a Virgängerinne gesot ginn; ech widerhuelen et also - d’accord erkläre mam Fait, datt an dem Conseil d’administration weder e Buerger-meeschter nach Schäfte kënnen genannt ginn. An onsen Aen ass et eng total Ver-kennung vun der Realitéit um Terrain.

Et sinn, egal ob an deene gréissere Stied, mä virun allem an deene klengste Gemen-gen dach ëmmer de Buergermeeschter an déi politesche Responsabel, déi ugeschwat ginn, déi gefrot ginn, déi ënner Drock stinn, wann et drëms geet, enger Urgence sociale nozekommen. Dëst ass och vu ville Gemen-gepolitiker an deenen zoustännege Kom-missiouneen e puermol ënnerstrach ginn, fënn awer en daaft Ouer bei der Ministesch a bei hire Fonctionnaires.

» **Une voix.** - A beim Conseil d’État.

» **Mme Viviane Loschetter (DÉI GRÉNG).** - A beim Conseil d’État.

(**Interruption**)

Mir kënnen och guer net domadder liewen, datt d’Gemengen imposéiert kréien éischstens, wéi se sech mussen zesummen-dinn, an zweetens, déi Form, déi se mussen anhuelen, fir zesummen ze schaffen, à savoir d’Obligatioun, sech eben an engem Établissement public de droit privé ze regroupéieren.

De Conseil d’État gesäit dat och mat äusserster Skepsis - ech denken, déi Diskussioun steet nach effektiv aus - an e weist och mam Fanger genau dohin, nämlech op déi Aschränkung vun der Auto-nomie communale, an zitéiert dobäi no-tamment den Artikel 107(1) vun der Ver-fassung. Dës Virgoensweis, seet en, ass verfassungswiddreg. Dofir bestätegt dann och an onsen Aen op eng richteg Manéier de Conseil d’État a sengem Avis com-plémentaire déi Opposition formelle.

De Conseil d’État versteet och net, firwat de Gemengen zousätzlech zu der Méiglech-keet, en Établissement public ze schafen, och nach aner Méiglechkeete gi ginn, zum Beispill sech a Syndikater ze organiséieren.

Dat alles, Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, ass an onsen Aen nach net bis zum Schluss duerchduecht a wäert alle Leit, de Politikerinnen a Politiker, de Leit, déi am soziale Secteur schaffen, vill Kappzerbrieche kaschten. Kappzer-brieche, deen net noutwendeg gewiescht wär an dee kontraproduktiv ass.

Mir kommen net vun där Iddi lass, datt de Stat, sprich de Familljeministère seng Kompetenz bis déif an de Gemengen-terrain verbreet huet a weider verbreet, an datt d’Gemenge risikéiere muer eventuell just nach eng Exekutiv vun engem Famillje-ministère a Saache Familljepolitik a Sozial-politik ze ginn. Mir stellen ons als Gréng eng aner Form vu Gesellschaftsorganisatioun vir.

Dofir, Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, kënn mir dësem Projet de loi net ons Zoustëmmung am éischte Vote ginn a wäerten ons och dofir enthalten.

» **Mme le Président.** - Merci, Madame Loschetter. D’Wuert huet elo den Här Gibéryen.

» **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Madame Presidentin. Léif Kolleeginnen a Kolleegeen, ech wëll mech relativ kuerz faassen zu dësem Projet an un éischer Stell awer der Kolleegin Madame Sylvie Andrich-Duval Merci soe fir hire wirklech de-tailléierte Rapport, dee si eis hei mëndlech virgestallt huet, an awer och virun allem de schrëftleche Rapport.

Dat hei ass fir eis, mengen ech, fir eist Land, e ganz wichtege Projet. Et ass en néidege Projet, dee mer leider mussen elo ënner engem gewëssenen Zäitdrock stëmmen, well mer vill Zäit verluer hunn. Ech wëll do keng Bemierkunge maachen, duerch wien datt déi Zäit verluer gaangen ass. Ech mengen, mir hunn de Projet annerhalleft Joer hei an der Chamber, an esou wéi eben eis Prozedure sinn tëschent Parlament, Regierung a Statsrot, ass et nun eemol zu där Situatioun komm, datt dëse Projet dann eben elo am leschte Moment hei zur Diskussioun an zum Vote kënnt.

Eis schéngt et awer wichteg ze sinn, datt dëse Projet nach an dëser Legislaturperiod gestëmmt gëtt, fir datt e kann a Kraaft triede fir den 1. Januar d'nächst Joer, och wa mer eng Opposition formelle hunn an domadder de Risiko lafen, datt mer no der Summervakanz dëse Vote dann eben nach eng zweete Kéier musse maachen, fir datt d'Gesetz kann a Kraaft trieden.

Et ass awer wichteg, datt mer dëse Projet stëmmen, well mer jo feststellen aus der Vergaangenheet, datt déi Strukturen, déi mer hei am Land haten an deem do Domän, iwwerlieft waren an datt se virun allem vun enger Gemeng op déi aner Gemengen aneschtters praktizéiert si ginn. Et ass och sécher, datt de Besoin an där enger oder an där anerer Gemeng ganz aneschtters ass.

Et ass kloer, datt mer vill Landgemengen haten, déi déi Problemer do wéineg kannt hunn oder guer net kannt hunn, datt de Gemengesekretär den Office social niewelaanscht gemaach huet. Wann ee Fall komm ass, dann ass deen ebe geregelt ginn, onkomplizéiert a séier. Mä mir wëssen awer och, datt mer gréisser Gemengen hunn, wou de Problem, wou d'Demande no Hëllef enorm grouss ass, an datt déi Gemengen do och vill gefuerdert waren an deem Sënn.

Duerfir, datt mer eng national Regelung kréien, an déi an engem gewëssene Solidaritéitsgefill all d'Gemenge mat agebonne sinn, fanne mir, ass eng richtig Entwécklung, déi mer maachen. Et kann net sinn, datt Gemenge sinn, déi méi där Problemfall do hunn opgrond vun hirer geographescher Lag, opgrond vun hirer Gréisst, an datt déi finanziell a materiell méi missten engagéiert si wéi aner Gemengen, déi vläicht eng aner Zesummesetzung vun hiren Awunner hunn, a wou d'Demande an déi dote Richtung vill méi kleng ass.

Hei, mengen ech, si mer als Land gefuerdert, fir datt all Mënsch, egal wou en hei leeft an eiem Land, muss déi adequat Ënnerstëtzung kréien, déi e brauch. An duerfir si mer och dermat averstanen, datt dat heiten eng gewësse Solidaritéit gëtt.

Ech schwätze ganz kloer aus Erfahrung. Ech war laang Buergermeeschter vun enger klenger Gemeng, déi iwwer 30 Joer praktesch den Office social net gebraucht huet. D'fräi Nuechten, déi d'Veräiner ugefrot hunn, sinn an d'Caisse vum Office social gaangen. Dat ass duergaangen, fir dee ganzen Office social ze finanzéieren, an da konnten d'Membere vum Office social souguer nach eng Kéier d'Joer dovun iesse goen.

Dat war einfach, well d'Zesummesetze vun där Gemeng eng Gemeng war, wou lauter Appartementer a Lotissementer gebaut si ginn, a Leit, déi dohinner wunne ginn, dat sinn an der Regel keng Leit, déi duerno op d'Gemeng kommen, fir Hëllef ze sichen. Dir hutt awer aner Gemengen, déi aner Strukturen hunn, déi da vill méi där Leit vun där Kategorie hunn. Duerfir mengen ech, ass et och wichteg, datt eng Gemeng, déi net direkt där Leit bei sech huet, awer am Kader vun enger nationaler Solidaritéit muss hëllefen, fir deem Problem do ze begéinen, och wat d'Organisatioun an d'Finanzéierung ueegt.

Mir sinn an engem Land - dat ass och schonn de Moien hei gesot ginn -, wou an deene leschte Méint a Joren d'Demande no där Hëllef do rapid ugeklommen ass, punktuell oder plazeweis am Land gesinn. An dat bedeit dann och, datt mer musse reagéieren. Mir kënnen eis net hanner prozeduralem Geplänkeles oder Ursache verstopen, fir esou e Projet net ze stëmmen, well domadder géife mer am Fong errechen, datt mer déi betraffe Leit géifen treffen. Duerfir ass et scho wichteg, datt dee Projet hei gestëmmt gëtt, och wann en net, wéi dat bei verschiddene Virriedner hei zum Ausdrock komm ass, an allen Detailer perfekt vläicht mag sinn oder déi eng oder déi aner Fro sech stellt.

Sécher ass esou eng Reform wéi déi heiten - a mir hu jo schonn an der Vergaangenheet esou Reformen hei am Land duerchgezunn, wou och kee wousst, wou een herno bei der praktescher Uwendung do nach eventuell op Problemer géif stoussen -, an dat mag och bei dësem Projet vläicht bei der

praktescher Ëmsetzung de Fall sinn. Dann, mengen ech, si mer als Parlament grouss an al genuch, wann eben e Besoin géif punktuell bestoen, datt misst nogebessert ginn. Dat Parlament hält wuel de 7. Juni op, mä et kënnt duerno erëm en aner Parlament, an och déi, déi dann hei sëtzen, wäerten à même sinn, wann ebe muss nogebessert ginn, fir dann ebe punktuell nozebesseren.

Wat wichteg ass bei esou enger Reorganisatioun, a virun allem bei deene Leit, déi hei concernéiert sinn, dat ass, datt mer Prozedure maachen, déi net ze wäit vun de Bierger ewech ginn. An duerfir, mengen ech, musse mer och kucken, wa mer Strukturen opbauen: D'Ulafstell vun de Leit wäert nach ëmmer d'Gemeng sinn. Mir kënnen also d'Gemengen net ze vill ausschléissen aus der Prozedur, mä mir mussen ëmmer kucken, datt mer esou no wéi méiglech bei de Bierger bleiwen, an och an deenen heite Fäll esou onkomplizéiert an der Praxis virgoen.

Deene Leit, déi op deem Terrain do schaffen, brauche mer dat net ze soen. Déi hunn an der Vergaangenheet bewisen, datt se dat kënnen. A wann dacks Problemer waren, da louch et net un deene Leit um Terrain, déi d'Dossiere behandelt hunn. Loosse mer éierlech sinn, da war et awer ganz dacks um Niveau vun de Gemengen, déi vläicht, déi eng méi oder déi aner manner, retizent ware fir déi Leit, déi dann op d'Gemeng komm si mat den Dossieren, wou dann dacks d'Gemengen am Fong déi waren, déi gebremst hunn.

Wou vläicht an deene Gemengen, an ech schwätzen elo emol méi vun deene klenge Gemengen, wou et awer keng fest Structure gis sinn, wou dann entweder ee Politiker responsabel war, oder en Office social war, wou am Fong keng oder deelweis keng Kommunalpolitiker mat dra waren - wou ganz dacks nëmmen een Eenzelne gefrot ginn ass, oder décidéiert ginn ass -, esou datt mer dann net eng generell Approche zum Problem haten, mä ganz dacks eng Approche haten, wat dann eben där eenzelner Persoun hir war, an dat ass och net gutt. Ech mengen, et ass scho gutt, datt mer eis eng national Struktur ginn, datt mer Kritäre ginn, déi transparent sinn, déi novollzëibar sinn, a wou all Mënsch, egal wou en am Land wunnt a leeft, ka vun deene selwechte Méiglechkeete Gebrauch maachen.

Wéi gesot, Madame Presidentin, dat hei ass eiser Meenung no dofir e gudden an e wichtege Projet. Et kënnt een nach villes dozou soen, mä ech mengen, meng Virriedner hu praktesch all déi Suergen a Problemer, déi een an dësem Projet kann zur Diskussioun stellen, hei opgefouert. Et huet och kee Wäert, fir datt een dat des Laangen an des Breeden dann nach eng Kéier hei widderhëlt.

Mir sinn an der Mëttesstonn - et ass net schued, Här Scheuer, a bestëmmt deet et lech am mannste leed, wann et séier geet -, an ech géif dofir nach eng Kéier Merci soen an ech géif d'Zoustëmmung vun eiem Grupp zu dësem fir eis wichtege Projet bréngen.

» **Mme le Président.**- Merci, Här Gibéryen. D'Wuert huet elo den Här Klein.

» **M. Jean-Pierre Klein (LSAP).**- Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Härën, an dësem Projet de loi huet de Conseil d'État eng gutt Analys gemaach iwwert de Stand vun der Aarmut hei zu Lëtzebuerg. An iwwert d'Entwécklung vum Bäistand un deene Bedürftigen huet en och eng ganz gutt Analys gemaach. En huet ugefaange mat den internationalen Texter an dëser Perspektiv - iwwert d'Aféierung vum Fonds national de solidarité, dem RMG mat senge sëllege Modifikatiounen am Laf vun der Zäit -, en huet do wierklech alles gekuckt an och op déi auslännesch Auteuren higewisen.

Hien huet déi zitéiert, an hir Doctrine, wat ganz bedeitend Auteure sinn, an hie stellt opgrond vun all deem, opgrond vun deem Inventar, deen hie gemaach huet, fest, dass eis ural Texter Verbesserungsbedürftig sinn. En neie Geescht muss an deen neien Text, an déi nei Aktioun vun den Offices sociaux eran. Dat ënnersträicht en och a sengem Avis, an d'Regierung huet integral den Text, deen de Conseil d'État virgeschloen huet, iwwerholl am Artikel 7, dee souwisou d'Vuë vun der Regierung ënnermauert.

Virun allem, ier mer un d'Aide sociale kommen, sollen all aner Hëllefen épuiséiert ginn, an an deem Sënn mussen d'Leit informéiert, guidéiert an assistéiert ginn, fir ze wëssen, wouhinne se sech solle wenen, wat fir Méiglechkeete se hunn, fir kënnen gehollef ze kréien, wann et noutwendeg

ass. Problemer sollen un der Wuerzel gepaakt ginn, fir dans la mesure du possible keng Nout opkommen ze loosser. Eng Begleedung vun eventuellen Hëllefbedürftigen organiséieren, fir net an de Misär oder souguer un de Rand vun der Gesellschaft ze geroden.

Als leschte Moyen soll eng Hëllef en nature oder en espèces stattfannen, déi da vum Service d'aide sociale accordéiert gëtt. Dat gëtt eng nobel Missioun fir déi reorganiséiert Offices sociaux, wouranner musse motivéiert an engagéiert Leit funktionéieren. Dorop kënnt et un, op eng Verbesserung vun der aktueller Situatioun, eng Plus-value par rapport zu der jëtzege Institutioun. Ech géif soen, dat kann een aus dem Esprit vum Gesetz schléissen, dass, wa Leit do um Wierk sinn, déi wierklech motivéiert sinn, déi engagéiert sinn, da kréie mer d'Objektiver vun dëser Gesetzgebung am Intérêt vun deenen, déi et brauchen, duerchgesat.

Wat elo d'Ausféierung vun deene Missiounen ubelaangt: Bis elo hate mer en Office social, deen och als Établissement public sous la surveillance des communes considéiert ginn ass. Seng Base légale war am Arrêté royal-grand-ducal vun 1846 festgehalen. Den Domicile de secours vun enger Persoun berout op engem Gesetz vun 1897.

Also alles Bestëmmungen, déi ural sinn an déi aktualiséiert musse ginn. Iwwert d'Modifikatioun vun dësen Instrumenter gëtt schonn iwwer 30 Joer geschwat. Sait ech am Gemengesektor tätég sinn, gëtt doruwwer geschwat. Dat ass scho vill méi laang. An deem Projet de loi, deen hei zur Diskussioun steet, hu mer weider en Office social, deen en Établissement public ass, deen ënnert der Surveillance vun de Gemenge funktionéiert.

De Projet de loi verankert - an dat kann een net oft genuch soen, et ass scho vun de Kolleeginnen a Kolleeg Virriedner hei gesot ginn - d'Recht op Hëllef fir déi, déi se noutwendeg hunn, mam Corollaire, dass am Fall vun engem Refus déi betreffend Persoun kann hiert Recht bei de sozialen Tribunal akloen. Also Rechtsweeër ginn opgemaach, wat bis elo net de Fall war. Do sinn oft am Arbiträren Décisiounen geholl ginn, wou kee Moyen dergéint bestanen huet, fir sech dergéint ze wieren.

De Service fir de Benotzer gëtt méi professionell fir all Gemengen organiséiert. Regional Strukturen erlabe méi Effikassitéit. D'Bestëmmungen iwwert den Domicile de secours vun 1897 ginn tout court zu Recht ofgeschaaft. Et ass elo eriwuer mat dem eventuelle Gespills tëschent Gemengen, eng där anerer duerch Bezuele vun Hëllef de Client à charge ze loosser. D'Madame Flesch huet et an hirer Interventioun gesot, a mir wëssen och, wéi schwéier et oft war, fir den Domicile de secours vun deem engen oder aneren ze ermëttelen.

Wat d'Exekutioun vun dësem Service betrëfft, wollt de Statsrot d'Autonomie communale spille loosser, an engem alternative Choix: entweder e Syndicat intercommunal fir Gemengen, déi sech wëlle regroupéieren a méi effikass schaffen, also ënnert deenen aktuelle Bestëmmunge vum Gemengesyndikatsgesetz, oder iwwer en Établissement public communal fir déi Gemengen, déi sech an der Lag fannen, fir eleng gutt ze funktionéieren.

En Établissement public communal, wou de Statsrot e legale Kader, e System proposéiert hat, deen a mengen Aen awer juristes net am Aklang, net kompatibel ass mam Artikel 108bis vun eiser Verfassung, an et ass och schonn dorobber higewise ginn. Ëmmerhi wier d'Autonomie communale, egal a wat fir engem System, beschränkt ginn.

D'Autonomie communale ass näischt Absolutes. Si muss sech ëmmer bewegen am Kader vun de Gesetzter, vun der Constitutioun. Dat ass och eng Virschrëft, eng Feststellung, déi gemaach ginn ass. Eng Definitioun iwwert d'Autonomie communale gesäit dat vir an der Charta, déi Lëtzebuerg och ënnerschrifwen huet: déi europäesch Charta iwwert d'Autonomie communale.

Also hätt, nom Choix vun de Gemengen, deen Office social kënnen funktionéieren iwwert d'Gesetz vun de Gemengesyndikater, wat an eisen Ae jiddefalls och Verbesserungsbedürftig ass, oder en Établissement public communal, esou wéi de Statsrot dat proposéiert huet, an d'Gemengen hätten dat da missen entscheeden.

Mir hätte bei engem méigleche Choix zweeërlee, also verschidden Hëllefssstelle geschaf, wéi zum Beispill en Établissement public communal - wou de Conseil d'administration op ass fir all Bierger, déi d'Konditiounen, fir e Gemengerot ze sinn, mussen erfëllen - oder e Syndicat intercommunal,

wou de Comitésmember muss e Gewielte sinn. Dat kann et jo net sinn. Mir kënnen net op zwou Schinnen hei fonctionnéieren.

Deen heitege System, den Établissement public placé sous la surveillance des communes, ass kloer a schaaft Strukturen, déi fir all Gemeng oder regroupéiert Gemenge gültig sinn. Am Kader vum Gesetz huet dës Institutioun eng Bewegungsfräiheet; déi ka sech do bewegen, ka sech Mëttele ginn, ka sech Personal ginn, ka sech Instrumenter ginn, fir hir Missioun, fir hir Objektiver esou gutt ënnert deene beschte Konditiounen wéi méiglech duerchzeféieren.

De Buergermeeschter oder d'Schäfte kënnen net Member sinn. Dat ass a mengen Aen normal, wou se jo d'Surveillance vum Établissement public direkt ausüben. De Buergermeeschter respektiv säin Delegierte kënnen awer mat berodender Stëmm de Réunionne vum Conseil d'administration bäiwunnen an esou hire Bäitrag am Intérêt vun der Institutioun leeschten.

Ech géif mengen, an der Diskussioun iwwert dee Projet de loi hei an der Kommissioun hu mer et jo fäerdeg bruecht, fir d'Tutelle - wou mer jo deen Ausdrock, dee mer net méi gär héieren, guer net gär héieren, an deen och net méi berechtigt ass, mir wëlle jo och keng Tutelle, keng Bevormundung mat -, fir do den Intérieur an de Ministère de la Famille erauszuhelen, a mir hunn nach just d'Surveillance vun der Gemeng, wou jo awer de Buergermeeschter an d'Schäfte am meeschten zoustänneg sinn, an da kënnen se net zur gläicher Zäit Acteur sinn an och nach hiren eegene Kontroller oder Surveillant sinn.

Wa bei der Ausübung vun hirer Missioun am Kader vun dësem Gesetz sech Inlégancé weisen, an der Praxis - bei der praktescher Ëmsetzung wäerte sécherlech Problemer begéint ginn -, da wäerten experimentéiert Fonctionnaires oder aner Experten en place sinn, fir Léisungen ze fannen. Grave Obstaclé kéinte gegebenefalls, wéi bei all Gesetz, duerch Ofännerungen aus der Welt geschaaft ginn. Ech zweifelen awer, dass sech hei sollte ganz wesentlech Obstaclé virfannen, déi net iwwerwëndlech wieren.

Dat hei ass erëm e Beispill, muss ech awer soen, dat weist, dass et besser gewiescht wier, bei der Ausschaffung vun der neier Législatioun d'Praktiker vum Terrain vun Ufank u mat anzebannen. Dat wier der Institutioun zum Gudde komm. Iwwregens ass dat mat Erfolleg bei der Ausschaffung vun der Reglementatioun vun de Chèques-services esou gemaach ginn, an do hutt Dir beispillhaft agéiert, Madame Minister, an Dir hutt och gesinn, wat fir e Resultat Dir hat a wat fir e Succès, wat fir en Erfolleg Dir mat där Reglementatioun do hat, wéi dat dunn esou geléngt bei de Gemenge konnt ëmgesat ginn. Dat ass eng Fuerderung vum Syvicol. Et geet do net ëm de Prestige vum Syvicol, fir kënnen derbäi ze sinn, mä et ass am Intérêt vun der Saach, am Intérêt vum Administré, ëm deem säi Wuel, ëm deem seng Qualité de vie et jo schliesslech geet.

Alles an allem géif ech soen, dass dëst Gesetz e soziale Cachet huet, an enger Zäit, wou sech wäerte méi Fäll weisen, wou mer musse méi Fäll op deem Niveau behandelen, wou d'Hëllef wäert méi heefeg ginn. Dat hei ass e gutt Instrument, fir deene Leit do Satisfaktioun ze ginn, déi an der Nout sinn, a fir hinnen aus der Nout erauszehëllefen. Ech sinn iwwerzeegt, dass d'Gemengen et notzen, fir deenen Objektiver nozekommen. Si besetzen et mat deene beschtgëeegente Leit a Personal, am Sënn vun der sozialer Verbesserung, am Sënn vun der Solidaritéit a besonnesch och vum sozialen Zesummenhalt.

Ech soen Iech Merci.

» **Mme le Président.**- Merci, Här Klein. Domadder si mer um Enn vun der Riednerlescht, an d'Wuert huet elo d'Regierung, d'Madame Minister Marie-Josée Jacobs.

» **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.**- Merci, Madame Presidentin. Dir Dammen an Dir Härën, ech géif och wëlle fir d'éischt der Madame Rapportrice, der Madame Sylvie Andrich-Duval, e grouse Merci soe fir hiren explizite mëndlechen a schrëftleche

Rapport, an och den Innenminister, den Hår Jean-Marie Halsdorf, entschëllegen, dee jo net als Ministre de tutelle, well mer dat jo net méi gären héieren, hei ass, mā awer trotz-deem Responsabilitéit fir d'Gemengen huet. Hie kann haut de Moien net hei derbäi sinn.

Selbstverständlech sinn ech e bësselche verdrësslech driwwer, datt mer haut eréischt hei en éischte Vote kënnen huelen, well ech mengen, datt et wichteg gewiescht wier, datt mer hätte kënnen dat Gesetz definitiv stëmmen. Ech kann och net domadder liewen a mech net domadder ufrënnen, fir ze soen, dat wier alles ze séier gaangen, wann een annerhalleft Joer Zäit huet. Gitt emol eng Kéier an aner Parlamenter kucken, a wéi vill Zäit do Gesetzer gestëmmt ginn. Do ass et an dräi Wochen. Wann een do engem Mënsch erkläre geet, datt mir annerhalleft Joer, zwee, dräi Joer Zäit brauchen, fir e Gesetz ze stëmmen, soen déi: „Ma wat maacht Der dann nëmmen?“ Also déi, déi e bësselche méi Auslandserfahrung hunn, déi wëssen dat.

Ech weess och, datt hei, deemno ëm wat et geet, et och duerchaus méiglech ass, datt Gesetzer kënnen an Zäit vu 14 Deeg oder dräi Woche gestëmmt ginn. Duerfir hätt ech mer am Fong emol gewënscht, mer wieren och hei zu engem definitive Vote komm. Mā jiddweree muss dann och domadder liewen.

Et mécht mer manner Suergen, well mer eben d'Mise en vigueur op den 1. Januar 2010 hunn, a well dat eis awer erlaabt elo virunzeschaffen, och wann et en éischte Vote ass, well ech och der Meenung sinn, datt no de Wahlen awer wahrscheinlech eng Partie vun deene Parteien, déi haut hei vertruede waren, och dann nach wäerten hei sinn. Ob dat dann aner Deputéierte sinn an aner Regierungsmemberen, dat ass jo dann dem Wieler iwwerlooss. Mā ech denken awer, datt domadder net alles wäert änneren, besonnesch well mer awer e grouse Konsens hu fir dat Gesetz, a mat Ausnahm vun deene Gréngen all déi aner Partie mat deem Projet de loi hei esou d'accord sinn.

Ech sinn och all deene Leit ganz dankbar, déi an deene Kommissiounen do waren, an deene ville Kommissiounen, déi mer haten, wou et och heiandsdo e bësselche méi stiermesch hiergaangen ass. Mā wann een aus dem Norde kënnt, da packt een déi Stierm besser. Et muss een ëmmer wëssen, ob et engem méi wäert ass, datt Stuerm ass, an datt dat, wat erauskënnt, da méi wäert ass. Ech si ferm iwwerzeegt, datt, wéi op esou ville Plazen...

De Jhemp Klein huet gesot, dat wier jo alles esou gutt gaange mat de Chèques-services. Ech weess mech och do nach u Momenter ze erënneren, wou et der laanscht d'Läpper gouf, mā wéi gesot, wann een eppes wëllt maachen, da muss een dat mat a Kaf huelen. Fir esou déi „Gutt-Wieder-Leit“ do ze sinn, dat ass jo vläicht schéin, mā domadder ännert awer net vill an der Gesellschaft an och net an engem Land. Duerfir sinn ech dankbar, datt mer trotz-deem elo konnten derzou kommen, fir en éischte Vote hei ze kréie mat esou enger grousser Majoritéit.

Ech géif wierklech wëllen och Iech, Madame Presidentin, e grouse Merci soen, och fir déi Propositionen an déi eenzel Punkten, déi nach opstinn, oder déi een nach kann duerchaus esou gesinn och kann aneschtens gesinn. Ech mengen net, datt hei mat Sturheet weder vu menger Sait nach vu menge Fonctionnaires aus virgaange ginn ass, mā et muss een heiandsdo gesinn, datt et awer Saache sinn, déi, wann ee se ewell ännere geet, dann och net méi zäitgeméiss sinn, an datt een dann och sech soll duerno konforméieren.

An deene leschte Joren ass och mat deem sécher vereelste Gesetz iwwert d'Aide sociale nach vill Sozialhëllef gemaach ginn, an ech sinn absolut do d'accord mat dem Vera Spautz, wat seet, et war näischt wat bis elo verhënnert huet, fir a sengem Syndicat intercommunal d'Aide sociale derbäizeschreiwen. Dat wier ganz gutt gaangen. Et hätt keen een do kënnen ophalen, well néierewou steet, datt eppes, wat net an engem Gesetz ass, net däerf gemaach ginn. Mā, wann et et an engem Gesetz gëtt, da muss et selbstverständlech gemaach ginn.

Duerfir verstinn ech do och deen Acharnement net, fir ze soen, dat hätt elo alles awer missen an enger anerer Form vu Gemengesystem kommen, wou ech mengen, datt et wierklech wichteg ass, datt mer et endlech ëmgesat kréien. An ech wëll och wierklech kuerz, well mer awer alleguerten, déi eng vläicht e bësse méi, déi aner e bësse manner, hongreg sinn an erëm um hallwer dräi mussen hei untrieden, e puer Elementer soen, déi mer awer wichteg sinn.

Dat ass virun allem och d'Recht, wat geschaf gëtt, eppes, wou mer vis-à-vis vun anere Länner sécher elo hannendra waren, a wierklech deene sozial schwaache Familien domadder méi eng grouss Chance ginn, op gesellschaftlech, op schouleschem an op beruflech Wee ze réusséieren.

An eent vun deene Beispiller, déi mer och net an der Aide sociale dran haten, mā déi mer awer och an deem... Och ënner anerem an dem Interessi vun deene Leit si jo zum Beispill och d'Chèque-servicer, déi mer justement agefouert hunn, fir ze verhënnere, well ëmmer erëm gesot gëtt: D'Aarmut ass eppes, wat ierflech ass, fir deene Kanner eng besser Chance ze ginn, fir kënnen an der Schoul mat virunze-kommen, doduerch, datt se besser encadréiert sinn, doduerch, datt se mëttes e Mëttegiesse kréien, doduerch, datt een do ass, deen hinnen hëllef hir Hausaufgabe maachen an esou virun.

Dofir ass et wichteg, datt mer e Recht schafen, datt mer och déi Hëllef upassen an datt mer do och op méi en allgemenge Kader gaange si wéi dat, wat am Ufank virgesi war. Mā datt mer soen: D'Hëllef muss ugepasst sinn un d'Situatioun vun där betroffener Persoun. Mā niewent där Hëllef, déi an dësem Gesetz dran ass, ka se sech selbstverständlech nach cumuléiere mat aneren Hëllef, déi mer bis elo och haten.

Jiddwereen, deen zu Lëtzebuerg leeft an deen net iwwer en anere Statut ofgeséichert ass, deen da rechtméisseg hei zu Lëtzebuerg ass, ka vun dësen Hëllef profiteieren.

Mir sinn effektiv op de Wee gaange vun deenen ursprüngelechen 10.000 op 6.000 Awunner erof. An am Fong war d'Beispill, wat elo den Hår Gibéryen ginn hat, fir ze soen: Bei eis an der Gemeng war dat néideg, den Ausgangspunkt, firwat datt mer am Ufank gesot hunn: Mir ginn op 10.000, well mer da gesinn, datt et wierklech ganz ënnerschiddlech ass, an datt mer ëmmer am Projet dran haten, datt mer awer e Puffer hätten, fir ze soen: An deene Gemengen, wou ee weess, datt méi Schwieeregkeete sinn, kann een also och zousätzlech - an dat steet jo elo nach dran - méi Personal astellen.

Dat kënne mer zesummen, de Ministère mat der Gemeng, aushandelen, fir ze soen: Ma hei si wierklech méi Leit, déi dovunner musse profitéiere kënnen, wéi dat op anere Plazen de Fall ass. Vun dohier denken ech och, datt mer deem och virgebaut haten. Mā awer, wann dat sech haut op 6.000 da besser maache léisst: desto besser.

D'Aufgabe vum Service sinn der sécher, déi ganz mannigfaltig sinn: Interventiounen ze assuréieren, déi mat den Objektiv vum dësem Gesetz verbonne sinn, wéi den Accueil, wéi d'Sozialdiagnos ze maachen, an d'Prise en charge vum Demandeur, d'Kollaboratioun vun alle Persounen, Servicer an d'Autoritéiten, déi mat Leit a Schwieeregkeeten ze dinn hunn, fir dauerhaft ze koordinéieren a koordinéiert Aktiounen zesummen ze maachen.

An ech mengen, datt dat ee vun deene wichtige Punkten ass, well mer ganz dacks an der Vergaangenheet och gesinn hunn, datt Leit an deem enge Service waren, deen ee Service awer net wousst, datt se och ewell bei deem anere waren, oder awer vun deem engen zu deem anere geschéckt gi sinn. Ech hoffen, datt mer iwwert déi nei Ausrichtung hei och do méi Koordinatioun dohinner kréien.

Mir hunn zu Lëtzebuerg enorm vill Servicer, an heiandsdo soen ech: Zu Lëtzebuerg gëtt een eigentlech verfolgegt von der Wiege bis zur Bahre mat iergendengem Sozialservice, deen hanner engem ass. Mā dat, wat eis ganz dacks feelt, ass eben déi Vernetzung, déi mer och hei an deenen heiten Aufgabe brauchen.

Wéi gesot, d'Preventioun ass net nëmmen an deem heite Gesetz, mā dat hätt een an dat kann een zu all Zäit maachen. Ech denken och, datt dat e wichtegt Element ass, fir eben d'Ausgeschlossenheet ze bekämpfen, an déi awer eng ganz Partie Leit riskéieren ze goe bei deene Regrupéierungen.

Ech ginn elo net, Madame Presidentin, op all déi Froen an, wat d'Gemengen ube-

laangt, well et éischstens, den Domän vu mengem Kolleg, dem Jean-Marie Halsdorf, ass, an zweetens och, well dat en long et en large hei diskutéiert ginn ass aus deene verschiddene Perspektiven eraus. An ech verstinn dat.

Jiddweree vun eis hëlt jo d'Argumenter vum Conseil d'État, wa se eis an de Krom passen, an en hëlt se net, wa se engem net dra passen. Mir sinn eben esou, an esou ass dat och mat anere Saachen. Dofir denken ech, datt also och bis den Oktober, wann dann dat Gesetz nach eng Kéier kann hei op de Leescht geholl ginn, d'Leit sech nach eng Kéier sollen doriwwer ausmaachen, ob dat déi dote Philosophie bleift, oder ob et eng aner gëtt.

Flott ass jo awer, datt ee wierklech eng professionell Hëllef ugebuede kritt - an dat ass och vun alle Riedner a Riednerinnen hei gesot ginn -, déi d'selwecht ass am Lëtzeburger Land, déi wierklech dann awer och vun deene Professionelle gemaach gëtt an net ofhängt vun dem Wëssen oder Kënne vu wierklech gutt intentionéierte Leit, déi ëmmer sech do bereet erkläert hunn, fir déi Aufgaben ze maachen, an domadder dann awer och, wann eng Gemeng net grouss genuch ass, kënnen an enger anerer Gemeng, wou se mat derzou gehéieren, Consultatiounen gehale ginn. Et ass also net nëmmen an engem eenzege Lokal an enger Gemeng, wou dāerfen déi Permanenzen ofgehele ginn.

Fir mech ass et och wichteg, datt all Persoun, ob se Mineur oder Majeur ass, wäert hir Referenzgemeng behalen, wa se an eng sozial oder an eng médico-social Institution agewise gëtt. An ech denken, Madame Presidentin, wann Der mer erlaabt: Dir wësst, firwat dat Gesetz laang net geännert gouf. Et war e fréiere Kolleg vun eis - de Georges Margue, fir en net ze nennen -, deen ëmmer ganz vill Angscht hat, wa mer iwwert dee Projet geschwat hunn. Well deen ass jo ëmmer erëm komm, och bei Regierungskoalitiounen, fir ze soen: Eng Kéier muss deen Office social geännert ginn.

An dann huet de Georges Margue ëmmer gesot: Mir sinn domadder net d'accord - da war hien d'Stad Lëtzebuerg -, well da kréie mir se alleguerten an d'Stad. An dofir war ëmmer och a wéi enger Gemeng datt ee wier a wien da géif zoustänneg fir ee bleiwen - also esou eppes -, wat ëmmer eng wichteg Roll gespilt huet.

Ech hoffen, datt duerch deen Artikel 8, dee mer elo hunn, datt dann elo domadder geregelt ass, an d'Gemengen net méi nach mussen engem... Ech hunn dat elo virun net allze laanger Zäit nach erlieft, datt ee komm ass, dee gesot huet: Ech bezuelen dann elo de Loyer. Wann s du elo an déi nächst Gemeng plënners fir dräi Méint, da sinn ech sécher, datt ech der lass sinn. Dat war jo e bësselchen... An déi Leit, déi dra schaffen, déi wëssen, wéi dat fonctionnéiert. Esou kann et jo och net goen.

Wichteg ass fir mech selbstverständlech och, datt den Office seng Aarbecht mécht no deene Methoden, déi am beschte sinn an déi och am Respekt vun all deene Leit, déi ebe bei se kommen, muss gemaach ginn.

De Secret professionnel ass fir mech evident. Dofir sinn ech och nach ëmmer éischer der Meenung, datt een op deem System, dee mer elo proposéiert hunn, soll bleiwen. Well et ka jo net sinn, datt iergendwou um Béierdësch op eemol erzielt gëtt: Ma dee war elo do an dee kritt elo dëst oder dee kritt elo dat. Dofir steet och am Gesetz dran, datt dat net nëmmen en Delikt wier, mā datt et wierklech awer da vum Code pénal bestrooft gëtt. Wou ech denken, datt dat dann och hëllef, datt Leit éischer de Mond zouhalen.

Wichteg ass selbstverständlech och de Finanzement, wou mer da 50% jährléich den Defizit iwwerhuele vun de Sozialhëllef, als Stat, an och vun de Funktionskäschten, dem Personal, an och de Jetonen. A wéi gesot, wann en Defizit bleift bei Personal, bei Gebaier oder bei anere Projeten, da kann ee sécher mam Accord vum Ministère och do gehollef kréien, wou dat dann och zu 50% erëm iwwerholl gëtt.

Wann een ee Recht schaaft, dann ass et kloer, datt een och e Recours muss schafen. An och dat ass eng wichteg Neierung, déi agefouert gouf, datt een da kann op de Conseil arbitral respektiv op de Conseil supérieur dat akloe goen.

Wann een an enger Gemeng Leit huet, déi net do wunnen an déi eigentlech net ënnert d'Hëllef géife falen, da kann een ëmmer e Secours humanitaire kréien, fir eben op deem prezise Punkt dann deene Leit ze hëllef. Déi Hëllef ka selbstverständlech nëmme vu kuerzer Zäit sinn.

Ech weess net, wéi dat mat deem Recht op dee Minimum vun Energie geet. D'Waasser war souwisou eppes, wat ëmmer virun ageschloss ginn ass, well ëmmer gesot gouf: Wéinst de Feiergefore kann ee kengem d'Waasser ofspäre goen. Dofir, denken ech, ass dat eppes, wat een effektiv och beim Hëtze muss kucken.

Dat hänkt natierlech och vu ville Saachen of. Wann een en Haus huet, wou et vir eran an hannen eraus zéit, dann ass et wahrscheinlech méi schwier, fir ze soen: Hei, du dāerfs nëmme mat esou vill Unitéiten auskommen, wéi wann s du an engem Gebai bass, wat gutt isoléiert ass, wou awer heiandsdo besonnesch déi hei Clientë wahrscheinlech net gefrot ginn, well se da keng aner Méiglechkeet dofir hunn. Mā wéi gesot, ech si ganz gäre bereet, fir och an der Zukunft ze kucken, ob déi eng oder déi aner Punkte sech esou oder aneschtens ausgewierkt hunn; d'selwecht wéi och mam Zréckbezuale vun den Hëllef.

Ganz dacks ass et natierlech esou, datt déi Leit, déi bei den Office social kommen, och op anere Plaze sinn, notament och beim Fong sinn. A wann da Leit do géifen lerschte maachen oder géifen an der Lotterie gewannen, wat jo heiandsdo virkënt a wat jo gutt a schéi fir se ass, datt een dann och eventuell kéint déi Suen zréckfroen.

Et ass also eng Kann-Bestëmmung, esou wéi et eigentlech beim Fong och ass. Et ass net eng Muss-Bestëmmung, a wou mer eis alleguerten, mengen ech, heibannen och net d'illusiouen maachen, datt elo dat de grouse Rush wäert sinn, fir de Statsbudget an deenen nächste Joren ze sanéieren; déi Suen, déi mer kënnen erëmfroe goen.

Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll wierklech jiddwerengem e ganz grouse Merci soen, deen eis gehollef huet op deene verschiddene Plazen, datt mer wéinstens dee Gesetzesprojet haut eng éischte Kéier gestëmmt kréien. Ech wëll och all deene Leit, déi an den Offices sociaux do iwwert d'Land verbreet bis elo geschafft hunn, déi hirt Beschd do gemaach hunn, Merci soen. Si ginn domadder, wann dat Gesetz bis a Kraaft ass, eigentlech ersatzlos ofgeschafft.

Ech weess, datt der eng ganz Partie frou sinn, well se ebe soen: Mir sinn haut deem doten alles net méi gewuess. Mir kënnen esou vill Demanden, mat deene mer net eens ginn. Esou datt ech denken, datt do och déi professionell Mataarbechterinnen a Mataarbechter, déi bis haut an deene verschiddene Servicer geschafft hunn, dat och an der Zukunft wäerte maachen. Och hinne gehéiert eise grouse Merci an eis Unerkennung.

Ech géif och vun dëser Geleeënheet profiteieren, esou wéi d'Vera Spautz et gemaach huet, mengem Mataarbechter, dem Claude Vandivinit, ze wënschen, datt en erëm geschwënn in alter Frische tätég ass an eis kann hëllef dat heite Gesetz dann an der Realitéit ëmzesetzen.

Merci villmools.

» Une voix.- Très bien!

» Mme le Président.- Merci, Madame Ministerin.

Domadder si mer um Enn vun onser Sitzung vun haut de Moien. De Vote souwéi d'Diskussioun vum Projet 5937 iwwert de CIPA zu Bieles fannen haut de Mëtteg statt. Mir fänken dann um hallwer dräi erëm un.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 13.10 heures)



Chambre
des Députés
L U X E M B O U R G

d'Chamber online op
www.chd.lu